# DE FUUSS

INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

3 | 2023

BULLETIN COMMUNAL



*Foto: Damaris*
*CoverFoto: Pit Beckené*



# DËST STEET HEI DRAN


D'Wuert vun der Redaktioun 2

## D'GEMENG
*LA COMMUNE*

Gemengewalen 2023 3
Rapporte vun de Gemengerotssëtzungen 5
Les rapports des réunions du conseil communal 18
Zivilstand // État civil 28
Mir gratuléieren 29
Éierungen um Nationalfeierdag 2023 30
Interview mam Jeannot Goedert 32
Noruff op den Ern Walerius 34

## SCHOUL & MAISON RELAIS
*ÉCOLE & MAISON RELAIS*

Virliesung Isabelle Hild 37
Mat der Trottinette ëm de Séi 37
Instrumentepresentatioun 38
Ausfluch Spillschoul an de Park Sënnesräich 39
Ofschlossfest Cycle 4.2. 40
Drums Alive Workshop 41
Betsy Dentzer um Kärespäicher 42

## VERÄINER
*ASSOCIATIONS*

Hei e puer News vum Turnveräin „Ëmmer Fit" 44
D'Aeromodelliste vu Chrëstnech 46
Jonk & Al 48
D'Haler Lett 52

## KULTUR A GESCHICHT
*CULTURE ET HISTOIRE*

Firwat ass eist Ländchen esou eenzegaarteg? 54
Eng Bourse fir d'S. P. L. 55

## KLIMAPAKT
*PACTE CLIMAT*

KlimaPakt 2.0 59
Resultater vun der $NO_2$-Miesscampagne an der Gemeng
Waldbëlleg: „Besser Loft fir méi Liewensqualitéit" 60
Null Offall 61
Energiepark Mëllerdall 64
Recyclingcenter Jonglënster 65
Planzen an Déieren dobaussen 70

## LIEWEN AN DER GEMENG
*VIE RURALE*

Interview mam Marc Lorang vu Chrëschtnech,
Grënner vu ,,Wings" 72
Wandmillen 74
Internetcafe fir Senioren 77
Agenda 78


## VILL FREED BEIM LIESEN!
## *BONNE LECTURE !*

# D'Wuert vun der Redaktioun

De Wieler huet geschwat, bei de Gemengewale vum 11. Juni. An do ass d'Ekipp ëm d'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer méi ewéi confirméiert ginn. Net nëmmen si an den éischte Schäffe Serge Bonnen si ferm confirméiert ginn, mee och d'Mataarbechterin vum FUUSS Corinne Meyers gouf ënner déi dräi éischt gewielt an ass elo Schäffin. An och déi dräi nei Membere vum Gemengerot kommen alleguer aus där selwechter Ekipp.

Fir de FUUSS sinn dat gutt Nouvellen: Déi nei Gemengeféierung wëllt dee schéinen a vu ville Säite geluefte Bulletin viruféieren. Déi definitiv Redaktioun gëtt an enger vun den éischte Sëtzunge vum Gemengerot festgeluecht.

Fir dës éischt Ausgab no de Walen huet de Schäfferot deenen, déi bis elo de FUUSS realiséiert hunn, den Optrag dofir ginn: Marc Barthelemy, Corinne Meyers, Isabelle Oberlé, a Karin Enser fir d'Korrekturen.

Do derbäi kommen: Yolande Kirsch, déi och an de Gemengerot gewielt ginn ass, a Luc Friedrich, deen e gutt Walresultat erreecht an de Gemengerot knapp verpasst huet.

D'Damaris Pletschette hëlleft wéi bis elo zouverléisseg mat schéine Fotoen aus der Gemeng. An och den Éierebuergermeeschter Jean-Luc Schleich huet versprach, reegelméisseg Wëssenswäertes aus sengem Fundus iwwer d'Geschicht vu Gemeng a Michel Rodange bäizesteieren.

Hëllef op der Gemeng: Pit Beckené, Martine Dimmer, Andrée Henx-Greischer, Kim Ruppert, Filipe Soares, David Sonnetti

Grafesch Gestaltung: Susanne Hangarter

Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach.

Responsabelen Editeur: Gemeng Waldbëlleg

Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vuë vum Auteur aus a ginn ënner senger Responsabilitéit publizéiert.

Am FUUSS gëtt allgemeng net gegendert, mee de Generis masculinum geholl. Frae ginn ëmmer mat si/se bezeechent, ni mat hatt/et.

Well dës Redaktioun provisoresch ass, gëtt et eng Foto eréischt an der nächster Nummer.

*Marc Barthelemy*

# D'GEMENG //
# *LA COMMUNE*

## GEMENGEWALEN 2023

19 Kandidate sinn an d'Wale matgaang, dovunn 4 Fraen, all Lëtzebuerger.
Bei den 1160 Wieler waren 1057 Lëtzebuerger an 103 Net-Lëtzebuerger.
Vun 1044 Walziedelen an den Urnen waren der 903 gülteg. 190 Bierger hunn d'Bréifwal genotzt.



*Foto: Pit Beckené*

D'**Andrée Henx-Greischer** bleift Buergermeeschtesch: Si hat 99 Stëmmen Virsprong op den nächste Kandidat.

No hir kommen:
**Serge Boonen**,
**Corinne Meyers**,
**Mike Michels**,
**Maxime Bender**,
**Romain Tobes**,
**Chrëscht Berens**,
**Yolande Kirsch** a
**Jeannot Goedert**.

*Foto: Inneministère*



*Text: Isabelle Oberlé*
*Quell: https://elections.public.lu/fr/elections-communales/2023/resultats/communes/waldbillig.html*



*Foto: Damaris*

# RAPPORTE VUN DE GEMENGEROTSSËTZUNGEN

Dës Rapporte gi vum Gemengesekretariat geschriwwen, vun de Conseilleren nogekuckt a vun der Buergermeeschtesch autoriséiert. Si baséieren op den Deliberatioune vum Conseil, woubäi de geneeë Wuertlaut vun den Decisiounen an engem Dossier festgehalen a vun de Conseilleren ënnerschriwwe gëtt. Deen Dossier kann all Bierger op d'Gemeng kucke goen.

Dës Rapporte sinn a méi enger verständlecher Sprooch mat méi Explikatioune geschriwwen. Dofir sinn déi lëtzebuergesch an déi franséisch Versioun net ëmmer genee identesch. Et zielt dann, wat an der Gemeng am Dossier vun den Deliberatioune festgehalen ass.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2023/4

**Sëtzung vum Méindeg, 15. Mee 2023**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin

Entschëllegt: /

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2023-04-01 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2023-04-02 | Ausseruerdentlech budgetär Ofännerungen. |
| 2023-04-03 | Entscheedung iwwer d'Ausüben oder d'Zerécktriede vum Virkafsrecht betreffend Parzellen zu Haler. |
| 2023-04-04 | Projet iwwer d'Erneiere vun der Waasserleitung um Freckeisen |
| 2023-04-05 | Verschiddenes. |

**1.** De Conseiller Michels freet ob et eppes Neies gëtt iwwer d'nationaalt Véloskonzept. D'Buergermeeschtesch äntwert, dass d'Gemeng hiren Avis ginn huet, an dass de Projet elo soll ëmgesat ginn.

De Conseiller Tobes renseignéiert sech iwwer de Wee laanscht de Camping am Mëllerdall. D'Buergermeeschtesch deelt mat, dass de Schäfferot eng Reunioun mam Proprietaire vum Camping an deem sengem Affekot hat, se wiere bereet de Wee nees opzemaachen, wann d'Gemeng hinnen eng gewëssen Zomm géing iwwerweisen. D'Gemeng huet e RDV bei der Ëmweltministesch gefrot fir eng Solution à l'amiable ze fannen.

De Conseiller Bender bemierkt, dass de Projet vun de Parkplazen am Mëllerdall ausgefouert géing ginn, ouni dass am Gemengerot driwwer geschwat ginn ass. D'Buergermeeschtesch äntwert, dass dem Gemengerot verschidde Variante vum Büro Pact presentéiert gi wieren an de Projet mat 50 Autoen an 2-3 Busser zréckbehale gi wier. D'Demande beim Environnement wier gestallt ginn. Um Site nieft der Spillplaz ass et méiglech e Parking ze amenagéieren ouni Autorisatioun vum Environnement.

De Conseiller Tobes freet wéini d'Lëscht vun den Enseignante géing gestëmmt ginn. De Schäfferot äntwert, dass dat am nächste Gemengerot gemaach gëtt.

**2.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg,

- ënner dem Artikel Uschafe vun Terrainen – en zousätzleche Kredit vun 147.907,57 € ze stëmmen, fir en op 175.000 € ze setzen;
- en neien Artikel ze schafe fir de staatleche Subsid fir d'Uschafe vun Terrainen mat enger Einnam vun 131.250 €;
- ënner dem Artikel Erneierung vun der Waasserleitung um Freckeisen en zousätzleche Kredit vun 284.761,29 € ze stëmmen, fir en op 344.761,29 € ze setzen;

- en neien Artikel ze schafe fir déi staatlech Partizipatioun un de Käschte fir d'Erneiere vun der Waasserleitung um Freckeisen mat enger Einnam vun 62.057,03 €;

- de Kredit, deen ënner dem Artikel vun den Ausgabe vun 2023 iwwer d'Ofrappe vum Toilettegebai, dat un d'Paschtoueschhaus ugebaut ass gefouert gëtt, vun 30.000 € op 0 € ze setzen;

- d'Kreditter vun 2022 an Héicht vun 103.846,43 € ënner dem Artikel Realisatioun vun enger Spillplaz beim Touristcenter am Mëllerdall op 2023 ze iwwerschreiwen, fir se dann op 0 € erofzesetzen;

- de Kredit, deen am Budget ënner dem Artikel Erneierung vun der Bréck am Kalkewee zu Waldbëlleg gefouert gëtt, nom Report vun 2022 vun 105.515,54 € op 189.123,19 € ze erhéijen.

**3.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, vu sengem Virkafsrecht fir folgend Parzelle Gebrauch ze maachen:

- 58/8 mat enger Fläch vun 53 Ar a 60 Zentiar
- 215/1890 mat enger Fläch vu 6 Ar a 60 Zentiar
- 128/2019 mat enger Fläch vu 57 Ar
- 132/1052 mat enger Fläch vu 46 Ar
- 131/698 mat enger Fläch vun 1 Hektar 67 Ar a 50 Zentiar
- 131/1220 mat enger Fläch vun 1 Hektar an 69 Ar
- 131/2211 mat enger Fläch vun 1 Hektar 73 Ar an 21 Zentiar
- 131/2187 mat enger Fläch 7 Ar an 79 Zentiar
- 131/2185 mat enger Fläch vu 7 Ar a 15 Zentiar
- 131/2184 mat enger Fläch vun 68 Ar a 55 Zentiar
- 131/1898 mat enger Fläch vu 50 Ar a 60 Zentiar
- 877/1831 mat enger Fläch vun 3 Hektar 7 Ar an 30 Zentiar
- 877/1708 mat enger Fläch vun 58 Ar a 70 Zentiar
- 873/1830 mat enger Fläch vu 70 Ar
- 858/583 mat enger Fläch vu 24 Ar a 40 Zentiar
- 858/338 mat enger Fläch vun 62 Ar an 80 Zentiar
- 851/2133 mat enger Fläch vu 60 Ar an 30 Zentiar
- 825/0 mat enger Fläch vu 7 Ar an 30 Zentiar

fir se ze schützen am Sënn vum Gestiounsplang vun Natura 2000 Zonen a vum Aktiounsplang fir Bëscher, déi um Rand vu Gewässer leien, andeems folgend Mossnamen ëmgesat ginn:

- Verbesserung vun der Struktur vun de Waasserleef, vun de Waasserpläng an den Dällerfongen;

- Verbesserung vum Wunnraum fir Aarten, déi un d'Schwemmlandebene gebonne sinn (z.B.: Schwaarzstorch);

- Restauratioun vun de Bëscher, déi u Gewässer grenzen;

- Ewechhuelen an Erhale vun den Nolebeem laanscht Waasserleef an an den Iwwerschwemmungszonen am Bësch, ofhängeg vun de Standuertkonditiounen;

- Erhale vun de Rouzone laanscht d'Waasserleef;

- Bekämpfung vun den invasiven Aarten.

**4.** De Gemengerot bewëllegt den Devis betreffend d'Erneierung vun der Waasserleitung um Freckeisen op Héicht vun den Trafoe vun der Creos a Richtung Chrëschtnech. Den Devis an Héicht vun 344.761,29 € ass vum Ingenieursbüro Daedalus Engineering ausgeschafft ginn.

**5.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, dass déi aktuell Membere vun der Kultur- an Tourissemskommissioun 4 Concerte wärend der „Mëllerdall Plage" zesumme mam Syndicat d'initiative et du tourisme organiséieren, an dass déi domat verbonne Käschten ënner dem kommunale Budget vun der Kultur- an Tourissemskommissioun vun 2023 verbucht ginn.

**6.** D'Conseillère Meyers bericht vun der Reunioun am Cipa zu Jonglënster. Vun der Gemeng hire 4 Better wieren der 3 beluecht. Et stéingen 92 Leit op der Urgencelëscht an 308 op där preventiver Lëscht.

Enn 2024 an 2025 gëtt bäigebaut, et wieren nach 34 Better iwwreg, d'Gemeng hätt d'Virrecht a gëtt Enn 2023 gefrot ob se nach ee weidert Bett do wëll.



Foto: Georges Koster

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2023/5

**Sëtzung vum Dënschdeg, 23. Mee 2023**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin

Entschëllegt: /

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2023-05-01 | Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2023/2024: Lëscht 1, Propose fir d'Affektatioun an d'Reaffektatioun vu Kandidat/innen op déi fräi Poste fir d'Léierpersonal am Fondamental. |
| 2023-05-02 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2023-05-03 | Festleeë vum Alter fir d'Zouloossung an d'Crèche am Kader vum „Masterplan éducation". |
| 2023-05-04 | Entscheedung iwwer d'Resilienz vun de Bëscher an der Gemeng Waldbëlleg, geméiss dem Punkt 5.1 vum Katalog iwwer d'Mesurë vum Naturpakt. |
| 2023-05-05 | Projet iwwer d'Uleeë vu Parkplazen am Mëllerdall. |
| 2023-05-06 | Einname vum Joer 2022. |
| 2022-05-07 | Restantenetat vum Joer 2022. |
| 2023-05-08 | Bewëllegung vun engem Compromis de vente. |
| 2022-05-09 | Bewëllegung vu Mietverträg. |
| 2022-05-10 | Konventioun iwwer d'Liwwere vu Quellewaasser mat der Gemeng Bäerdref. |
| 2023-05-11 | Iwwerschaffe vum Deel vun der Deliberatioun vum 23. Januar 2023 iwwer d'Fuerdere vun enger Ausgläichsindemnitéit fir Terrainen, déi net un d'Gemeng ofgetruede ginn am Kader vum Unhuele vum PAP „Henerecht" zu Haler. |




*Chrëscht Berens*

| | |
|---|---|
| 2023-05-12 | Unhuele vum PAP neie Quartier „rue Saint Nicolas" zu Haler. |
| 2023-05-13 | Ofännerung vum Circulatiounsreglement vun der Gemeng Waldbëlleg. |
| 2023-05-14 | Projet fir d'Deele vun Terrainen zu Haler. |
| 2023-05-15 | Prinzipiellen Accord fir d'Kafe vun Terrainen am Mëllerdall. |
| 2023-05-16 | Subsidufroen. |
| 2023-05-17 | Verschiddenes. |

**1.**

a) De Gemengerot proposéiert d'Madamm Bollendorff Lara, op de fräie Posten C2-4 1p 100 % A23-24 am Fondamental vun der Gemeng Waldbëlleg ze affektéieren.

b) De Gemengerot proposéiert d'Madamm Dias Balsa Regina, op de fräie Posten C2-4 1p 100 % am Fondamental vun der Gemeng Waldbëlleg ze affektéieren.

c) De Gemengerot proposéiert den Här Frisch Paul op de fräie Posten C2-4 1p 50 % A 23-24 am Fondamental vun der Gemeng Waldbëlleg ze affektéieren.

**2.** D'Conseillere Bender, Michels an Tobes hu folgend Fro un de Schäfferot schrëftlech virun der Sëtzung eraginn:

*D'Buergermeeschtesch huet d'Budgetsdiskussiounen mat de Wieder agelaut, dass déi aktuell Ëmstänn de Budget 2023 zu enger Erausfuerderung maachen, an et wichteg ass d'Tresorerie net ze iwwerlaaschten. Do ass d'Instrument vum PPF (plan pluriannuel financier), dat weist wou eis Gemeng déi nächste 5 Joer finanziell histeiert, wichteg. Des Donnéeë sinn normalerweis fir Mëtt Februar an de Ministère ze schécken.*

- Mir froen de Schäfferot wéini mat der Präsentatioun vum PPF ze rechnen ass?

D'Buergermeeschtesch äntwert, dass de Schäfferot de PPF am Juni ausschafft.

De Conseiller Bender freet an der Sëtzung nom Käschtepunkt dee bis elo fir d'Kläranlag bezuelt ginn ass.
D'Buergermeeschtesch äntwert, dass déi Berechnung beim Sidest gefrot ass, an nach net do ass. Si schätzt, dass ëm 3 Millioune bis elo bezuelt goufen. Et gi momentan 2 Varianten analyséiert. Wann d'Ofwaasser géing op Iechternach geleet ginn, géing dat d'Gemeng ëm déi 12 Millioune kaschten, de Bau vun enger Kläranlag zu Chrëschtnech ëm déi 6 Milliounen. De Chrëschtnecher Site ass méi problematesch, et gëtt elo gekuckt, fir net an d'Héichwaasserzone ze bauen. De Regenüberlaufbecken muss net gebaut ginn, dofir awer eng Leitung bis an d'Iernz. De Bau fir op Iechternach ass méi deier, dofir sinn déi lafend Käschten zu Chrëschtnech méi deier. D'Waasserwirtschaftsamt, den Environnement a Ponts et Chaussées mussen dat analyséieren.

De Conseiller Bender freet wat mat där Niche ass beim alen Traffo, hien hätt eng Iddi, wann nach kee Projet do wier.
D'Buergermeeschtesch seet, dass dru geduecht ginn ass, eventuell e Bushaischen do opzeriichten am Kader vum Reamenagement vum Zentrum vu Waldbëlleg. Den Terrain ass nach net Gemengeproprietéit, Creos sollt den Terrain nach un d'Gemeng oftrieden. Dem Conseiller Bender seng Iddi wier dem Kulturministère eng Oeuvre d'art vun engem lëtzebuerger Kënschtler ofzekafen, dofir kréich d'Gemeng e groussen Deel matfinanzéiert.

De Conseiller Tobes ergänzt, dass den Terminus vun de Busser zu Waldbëlleg ass, an dass een och eng ëffentlech Toilette do maache kéint, déi mat 75 % géing subventionnéiert ginn. Et gëtt driwwer geschwat ob den Terminus hei ass oder zu Haler. Op alle Fall seet d'Buergermeeschtesch, dass si sech dat opschreift. De Conseiller Tobes seet déi 75 % wiere just nach fir dëst Joer.

De Conseiller Tobes freet nom séchere Schoulwee, ob mer schonn e Retour hätten, fir en anere Belag ze maachen.
Doriwwer huet d'Gemeng nach keng weider Informatioun.

Hie schwätzt un, dass d'Paschtoueschhaus zu Chrëschtnech lo net méi verlount ass, wat lo domat geschitt?
D'Buergermeeschtesch seet, dass de Plan d'action local (PAL) am Kader vum Pacte logement autoriséiert ass, an dass d'Gemeng virhuet, soziale Wunnengsbau do ze maachen. Lo kann een an d'Haus eran fir ze plangen.

**3.** De Gemengerot entscheet am Kader vum „Masterplan éducation", den Alter fir d'Zouloossung an d'Crèche op 3 Méint ze setzen. Dëse Masterplang ass vun AMC Luxembourg S.A. am Kader vun der Analyse vun de Bedierfnesser op kuerz a laang Zäit a vun der Weiderentwécklung vun engem integréierte Konzept fir déi edukativ a schoulesch Infrastrukture vun der Gemeng Waldbëlleg „Masterplan Bildung Waldbillig 2035-2040" ausgeschafft ginn.

**4.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, kee Choix fir den Alter festzeleeë fir d'Schneide vun de Routbichen an den Eechen geméiss dem Punkt 5.11 vum Katalog iwwer d'Mesurë vum Naturpakt.

**5.** De Gemengerot entscheet mat 5 Stëmmen an 3 Enthalungen (d'Conseillere Bender, Michels an Tobes) den Devis betreffend d'Uleeë vu Parkplazen am Mëllerdall op der Parzell, déi um Kadaster ënner der Nummer 1117/3538, Sektioun D vum Mëller-dall agedroen ass, zu engem Gesamtmontant vun 170.806,98 € (TTC) ze bewëllegen.

**6.** De Gemengerot hëlt d'Einname vum Joer 2022 eestëmmeg un.

**7.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg

1) d'Chiffere wéi a folgendem Tableau vum Restantenetat unzehuelen:

| | | **Gewéinleche Service** | **Ausseruerdentleche Service** |
|---|---|---|---|
| provisoresch Reprisen | 168.760,35 EUR | 142.247,55 EUR | 26.512,80 EUR |
| Hannerloosse vu Scholden | 1.692,14 EUR | 1.692,14 EUR | |
| Total | 170.452,49 EUR | 143.939,69 EUR | 26.512,80 EUR |

2) dem Schäfferot d'Averständnis ze ginn fir geriichtlech géint d'Schëldner virzegoen.

**8.**

a) De Gemengerot gëtt säin Averständnis fir de Compromis vum 30. Januar 2023, laut deem d'Gemeng Waldbëlleg enger Privatpersoun zwou Emprise geleeën zu Haler, Sektioun A vun Haler an déi um Kadaster ënner den Nummeren 914/2411 mat enger Fläch vu 24 Zentiar an 914/2409 mat enger Fläch vun 30 Zentiar zum Präis vu 700 €/Ar ofkeeft.

b) De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Compromis vum 13. Mäerz 2023, laut deem d'Gemeng Waldbëlleg enger Privatpersoun eng Emprise, geleeën zu Haler beim Lieu-dit „Beim Basseng", Sektioun A vun Haler, um Kadaster ënner der Nummer 397/2158 agedroe mat enger Fläch vu +/- 10 Zentiar zum Präis vu 700 €/Ar, ofkeeft.

**9.**

a) De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Mietvertrag vum 27. Mäerz 2023, laut deem eng Privatpersoun der Gemeng Waldbëlleg e Silo, geleeën an der Rue de la Montagne, deen um Kadaster ënner der Nummer 789/4228, Sektioun B vu Waldbëlleg agedroen ass, fir e monatleche Loyer vun 150,00 € verlount.

b) De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Mietvertrag vum 8. Mee 2023, laut deem d'Gemeng Waldbëlleg enger Famill, déi virum Krich an der Ukrain geflücht ass, d'Haus geleeën 2A, Rue des Rochers am Mëllerdall, verlount.

**10.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zu der Konventioun iwwer d'Liwwere vu Quellewaasser tëschent de Gemenge Waldbëlleg a Bäerdref. Dës Konventioun reegelt d'Versuerge mat Quelle-waasser vun der Gemeng Bäerdref esou wéi d'Rechter an d'Flichte vun all Partei.

**11.** Am Kader vum PAP neie Quartier beim Lieu-dit „Henerecht", entscheet de Gemengerot eestëmmeg, eng Ausgläichsindemnitéit an Héicht vu 25.000 € pro Ar ze fuerderen, fir Terrainen, déi net un d'Gemeng ofgetruede ginn. An dësem Fall sinn dat insgesamt 363.500,00 € fir déi 14,54 Ar Terrain, déi net ofgetruede

ginn. De Gemengerot leet fest, dass dës Indemnitéit fir Folgendes agesat gëtt:

- d'Uleeë vun enger ëffentlecher Spillplaz um Terrain vum Rückhaltebecken;

- d'Ëmsetze vun infrastrukturelle Mossnamen, fir d'Vitess ze reduzéiere bei der Entrée an der Sortie vun dësem PAP, fir d'Verkéierssécherheet ze verstäerken.

**12.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de PAP neie Quartier beim Lieu-dit „rue Saint Nicolas" unzehuelen, dee vun der Firma Zeyen + Baumann s.àr.l. vu Bäreldéng fir Privatleit ausgeschafft gouf. Dëse PAP betrëfft Fonge vun enger Gesamtfläch vu 15,07 Ar. De Gemengerot entscheet ausserdeem eng Ausgläichsindemnitéit an Héicht vu 25.000 € ze froe fir Terrainen, déi net un d'Gemeng ofgetruede ginn. An dësem Fall wieren dat 65.250,00 € fir 2,61 Ar. Dës Indemnitéit soll agesat gi fir:

- D'Uleeë vun engem Foussgängeriwwergang mat ëffentlecher Beliichtung op deenen zwou Säite vun der Strooss beim Ausgang aus der Rue Saint Nicolas an d'Rue des Romains.

- D'Uleeë vun engem Busarrêt an der Rue des Romains, an direkter Ëmgéigend vum PAP.

**13.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Avenant vum Gemenge Circulatiounsreglement vum 29. Juni 2017, esou wéi et vum Schäfferot proposéiert gouf.

**14.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Projet fir d'Deele vun der Parzell, déi um Kadaster ënner der Nummer 433/2414, Sektioun A vun Haler agedroen ass, an 12 Loten ze deelen, laut Plang, deen der Demande bäilouch.

**15.** De Gemengerot gëtt säi prinzipiellt Averständnis fir verschidde Parzellen, geleeën am Mëllerdall, Sektioun D vum Mëllerdall, déi um Kadaster ënner den Nummeren 1093/979 (Fläch vu 14 Ar), 1121/3480 (Fläch vu 55 Ar an 20 Zentiar), 1112/2677 (Fläch vu 17 Ar an 20 Zentiar) an 1127/3553 (Fläch vu 86 Ar a 70 Zentiar) agedroen sinn zum Präis vu 650 €/Ar, fir de Gesamtpräis vun 112.515,00 € ze kafen.

**16.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, folgende Veräiner e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

- Asile pour animaux régional Dudelange
- Association nationale des victimes de la route a.s.b.l.
- Handicap international
- Fondation El Salvador Luxembourg a.s.b.l.
- Ambulanz Wonsch a.s.b.l.
- Aide aux enfants handicapés du Grand-Duché
- Sécurité routière

**17.** D'Buergermeeschtesch informéiert, dass d'ALA vun Ierpeldéng der Gemeng geschriwwen huet, dass de Präis vum weidere Bett mat Droit prioritaire wéngt der Indexerhéijung vun 90.000 € op ca. 111.000 € eropgeet.

De Conseiller Barthelemy, dee sech net méi fir d'Gemengewale vum 11. Juni presentéiert, seet Äddi a Merci fir d'Zesummenaarbecht vun de leschte Joren, och un d'Personal stellvertriedend fir déi aner mat. Et wier eng gutt Erfarung fir hie gewiescht, déi hien net vergiesse géing. Hie felicitéiert deenen 2 Ekippen, fir esou vill Leit mobiliséiert ze hunn, fir mat an d'Walen ze goen, dat wier keng kleng Leeschtung, wann ee géing gesinn, wéi et an de Gemenge ronderëm ass, hie fënnt et eng immens flott Saach.

De Conseiller Michels seet, dass am Trottoir an der Henerecht zu Haler vill Rëss dra sinn, duerno soll gekuckt ginn.
Hie seet e Merci un d'Organisateure vun der d'Konferenz iwwer de Mobbing, et wiere vill Leit do gewiescht, bal 50. Hie lueft déi vill Enseignanten, déi an hirer Fräizäit do waren, dat géing hiren Engagement weisen.

De Conseiller Tobes freet ob een déi aktuell Pläng vum Ausbau vun der Gemeng kéint gesinn. D'Buergermeeschtesch äntwert, hie kéint roueg bei de Filipe Soares d'Baugeneemegung kucke kommen.

D'Buergermeeschtesch seet jidderengem Merci fir déi 6 Joer. Et wieren ëmmer erëm interessant Diskussioune gewiescht, heiansdo hätt een e bësse geschweesst, e bësse Loft geblosen, meeschtens war et konstruktiv a gutt. Si wënscht jidderengem bonne chance, deen nach matgeet, fir den 11. Juni, duerno géing ee weider gesinn. Si dréckt der Administratioun och e Merci aus, dass si esou Gedold mat hinnen haten déi 6 Joer, et wier net ëmmer einfach mat hinnen all, mee si hätten et iwwerlieft a lo misst ofgewaart gi wat kéim.

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2023/6

**Sëtzung vum Dënschdeg, 27. Juni 2023**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin

Entschëllegt:

// BENDER Maxime, Conseiller,
huet dem TOBES Romain eng Procuratioun ginn,
fir a senger Plaz ofzestëmmen.
// BARTHELEMY Marc, Conseiller,
huet der MEYERS Corinne eng Procuratioun ginn,
fir a senger Plaz ofzestëmmen.

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2023-06-01 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2023-06-02 | Provisoresch Schoulorganisatioun 2023/2024. |
| 2023-06-03 | Deele vun Terrainen zu Waldbëlleg. |
| 2023-06-04 | Gewéinlech budgetär Ofännerung. |
| 2023-06-05 | Ausseruerdentlech budgetär Ofännerung. |
| 2023-06-06 | Festleeë vun den Tauxe vun der Grondsteier fir d'Joer 2024. |
| 2022-06-07 | Festleeë vun den Tauxe fir d'Gewerbesteier fir d'Joer 2024. |
| 2023-06-08 | Subsidufroen. |
| 2023-06-09 | Verschiddenes. |

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes d'Buergermeeschtesch gefrot, fir folgende Punkt op d'Dagesuerdnung bäizesetzen:

| | |
|---|---|
| 2023-06-10 | Mir froen de Gemengerot, dem Schäfferot den Optrag ze ginn, fir eng Analyse ze maache betreffend d'Infrastrukturen an d'Terrainen, fir e globaalt Touristekonzept am Mëllerdall ausschaffen ze kënnen. |

**1.** Et si keng Froe gestallt ginn.

**2.** De Gemengerot hält d'Schoulorganisation fir de Fondamental fir d'Schouljoer 2023/2024 fest.

**3.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn fir d'Deele vun de Parzellen, déi um Kadaster ënner den Nummeren 342/4583, 342/4638 an 342/4639, Sektioun B vu Waldbëlleg agedroe sinn, a 6 Loten, laut Plang, deen der Demande bäilouch.

**4.** De Gemengerot entscheet, en neien Artikel (3/251/648330/99001) – Prime fir Schüler a Studenten mat engem Montant vun 41.850,00 € ze schafen.

**5.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, folgend Artikelen ze schafen:

- 4/630/211000/23012 Nofolgend Etüd zu der Masterstudie Schwaarz Iernz mat engem Montant vun 32.091,23 €

- 1/630/162000/23012 Subventioun vum Staat fir déi nofolgend Etüd zu der Masterstudie Schwarz Iernz mat engem Montant vun 13.715,00 €

**6.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg,

- de selwechten an eenzegen Taux vun der Grondsteier B fir verschidde Kategorië vu Gebaier fir d'Steierjoer 2024 op 300 % festzeleeën;

- den Taux fir d'Grondsteier A op 300 % festzeleeën.

**7.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Tauxe fir d'Gewerbesteier fir d'Steierjoer 2024 an der Gemeng Waldbëlleg op 250 % festzeleeën.

**8.** Dem Gemengerot läit keng Subsidufro vir.

**9.** Ënner dem Punkt 2023-06-09 – Verschiddenes, huet keen Discours stattfonnt.

**10.** De Punkt 2023-06-10 gouf vu sengen Initiateuren zeréckgezunn.

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2023/7

**Drénglechkeetssëtzung vum Dënschdeg, 11. Juli 2023**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, Schäffen,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren.

Entschëllegt: /

**Dagesuerdnung**

2023-07-01 Ernenne vun engem Ersatzsekretär.
2023-07-02 Virtrëttstableau.

**1.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den Här David Sonnetti als Ersatzsekretär ze ernenne wärend der Zäit vum Krankeschäi vun der Madamm Martine Dimmer.

**2.** De Gemengerot approuvéiert de Virtrëttstableau, deen no der Vereedegung vun de Gemengerotsmembere geméiss de Resultater vun de Wale vum 11. Juni 2023 opgestallt ginn ass.

**3.** Fräi Diskussioun: Opgrond vun der Urgence wéinst dem Ausfall vun der Gemengesekretärin, proposéiert de Schäfferot en Zäitposte fir en Employé ze schafen. De Conseiller Tobes gëtt ze bedenken, dass opgrond vun der Transparenz vis-à-vis vum Bierger et net ubruecht wier an der haiteger Sëtzung iwwer dëse Punkt ofzestëmmen, well en net op der Dagesuerdnung virgesi war.


*Foto: Georges Koster*

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2023/8

**Sëtzung vum Donnëschdeg, den 3. August 2023**



*Maxime Bender*

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, Schäffen,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// SONNETTI David, Ersatzsekretär.

Entschëllegt:

// BENDER Maxime, Conseiller, huet dem TOBES Romain eng Procuratioun ginn, fir a senger Plaz ofzestëmmen.

**Dagesuerdnung**

2023-08-01 Personalaffär – Ausbezuele vun enger pauschaler Prime.
2023-08-02 Ernennen oder Zrécktriede vun den Delegéierten, déi méi Gemengen am Kommitee vun engem Syndicat representéieren (Syvicol, Sigi, CGDIS).
2023-08-03 Froe vum Gemengerot un de Schäfferot.
2023-08-04 Entscheedung iwwer d'Datumer vum Erschénge vum DE FUUSS 2023-3.
2023-08-05 Schafe vun engem redaktesch Poste fir d'Administratioun.
2023-08-06 Zesummestelle vun de berodende Kommissioune fir d'Periode 2024-2029.
2023-08-07 Zesummestelle vun der Klimaekipp fir d'Periode 2024-2029.
2023-08-08 Ernenne vun den Delegéierten an de Vertrieder a verschiddenen interkommunale Syndikater an Organismen.
2023-08-09 Bewëllegung vun engem Devis vu BEST ingénieurs-conseils betreffend de Projet „Astandsetzung vun der Bëllegerbaach no den Iwwerschwemmunge vum 1. Juni 2018".
2023-08-10 Bewëllegung vun der Charte Energie–Klima–Ëmwelt vun de Veräiner aus der Gemeng Waldbëlleg.
2023-08-11 Ufro fir d'Kafe vun engem Deel aus dem ëffentleche Beräich.
2023-08-12 Subsidufroen.
2023-08-13 Verschiddenes.

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 hunn d'Conseillere Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir folgende Punkt op d'Dagesuerdnung vun der heiteger Sëtzung bäizefügen:

2023-08-14 *Mat ronn 220 Kanner, déi an der Schoul ageschriwwe sinn, an enger aktueller Maison relais, déi ausgeluecht ass fir eng Betreiung vu 96 Kanner, entsteet en akute Plazmangel. Duerch d'Ubidde vun der Lasep kënnen zousätzlech Kanner opgeholl ginn. Trotz alle Beméiunge vun der Fiissercher a.s.b.l. kënnen net allen Elteren, déi schaffe gi Plagë fir méindes, mëttwochs a freides an der Mëttesstonn ugebuede ginn.*
Mir froen de Gemengerot ëm d'Diskussioun, fir d'Cafeteria vun der Sportshal, déi um Schoulsite läit a mat benotzt känt ginn, dem Schäfferot den Optrag ze ginn dëse Site esou séier wéi méiglech akkreditéieren ze loossen, fir dass Kanner aus dem Cycle 3 a 4 do kéinten hir Mëttegpaus verbréngen, an esou der Fiissercher a.s.b.l entspriechend Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen.

**1.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, engem Gemengebeamten eng Prime pro Mount ze iwwerweise wärend der Periode vum Ersetze vun der Gemengesekretärin.

**2.**

a) De Gemengerot entscheet, der Madamm Inneministesch kee Kandidat als Delegéierte vun der Gemeng Waldbëlleg innerhalb vum Syvicol ze proposéieren.

b) De Gemengerot entscheet, der Madamm Inneministesch kee Kandidat als Delegéierte vun der Gemeng Waldbëlleg innerhalb vum Sigi ze proposéieren.

c) De Gemengerot entscheet, der Madamm Inneministesch kee Kandidat als Delegéierte vun der Gemeng Waldbëlleg innerhalb vum CGDIS ze proposéieren.

**3.** D'Conseillere Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes hu folgend Froe schrëftlech eragereecht:

*Wéi vill Urgencë sinn et am Mount Juli 2023 betreffend Chantieren an der Gemeng ginn, wou eng Interventioun vun der Gemeng noutwendeg war?*
- Wéini waren dës Urgencen?
- Wat war d'Ursaach vun der Urgence?

D'Buergermeeschtesch freet eng Erklärung zu dëse Froen, wéi eng Urgencë gemengt sinn.

De Conseiller Romain Tobes erkläert, datt et ëm d'Benotzung vum Gemengenauto geet, wou an enger fréierer Sëtzung festgehale gi wier, datt deen an Urgencëfäll géif benotzt ginn. Am Juli hätt hien awer ee Gemengebeamten e puer Mol mam Gemengenauto gesinn an e wéilt wëssen, wat d'Ursaach dofir gewiescht wier.
D'Buergermeeschtesch erkläert, datt dësen Auto net just fir Urgencë geduecht ass an et en Ofkommes tëschend deem betreffende Gemengebeamten an dem Schäfferot gëtt, fir de reegelméissege Gebrauch vum Gemengenauto fir de Wee op d'Aarbecht an zeréck heem, den Auto gëtt net privat vum Gemengebeamte benotzt.

De Conseiller Romain Tobes renseignéiert sech iwwer d'Ausschreiwunge vum Ausbau vun der Gemeng a vun der Buvette beim Fussballsterrain.
D'Buergermeeschtesch erkläert, datt dës Ausschreiwunge gemaach goufe mam Resultat, datt beim Ausbau vun der Gemeng d'Entreprise Kisch Constructions s.àr.l. méi wéi 10 % méi bëlleg war, wéi den Duerchschnëtt vun den Devisen, déi erakomm sinn. D'Commande gëtt deemnächst verginn. Beim Ausbau vun der Buvette war den Devis vun der Entreprise Hilbert S.A. déi bëllegst. Bei dësem Projet sinn déi zoustänneg Ingenieursbüroen amgaangen d'Devisen auszewäerten.

De Conseiller Mike Michels deelt mat, datt am Mee Awunner aus der Hierheck zu Chrëschtnech e Courrier un d'Gemeng adresséiert haten, betreffend de PAP „a Weeschent" zu Chrëschtnech an dës bis elo nach keng Äntwert kruten. Déi betreffend Awunner wollte wëssen, wéi de Schäfferot zu hire Remarquë steet.
D'Buergermeeschtesch deelt mat, datt dëse Courrier un d'Waasserwirtschaftsamt weidergeleet ginn ass, dat och seng Fuerderungen zu dësem Projet formuléiert. De Schäffe Boonen erkläert, datt d'Prozedur virgesäit, datt d'Reklamatioune vun de concernéierten Awunner nach emol an enger Gemengerotssëtzung missten thematiséiert ginn an de Gemengerot duerno driwwer ofstëmme misst ob a wéi eng Remarquen zeréckbehale ginn.

**4.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Datume fir den nächste Gemengebuet DE FUUSS 2023-3 wéi folgend festzeleeën:

Délai fir d'Artikelen eranzeginn: Méindeg, den 11. September 2023 virun 12:00 Auer.

Liwwerung op d'Gemeng: Donnëschdeg, den 19. Oktober 2023 virun 12:00 Auer.

*Romain Tobes*



**5.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, en Employésposten ze schafen an auszeschreiwe fir de Service vum Etat civil a Populatiounsbüro op bestëmmten Zäit.

**6.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, folgend berodent Kommissiounen ze schafen:

Folgend Kommissiounen, déi vum Gesetz virgesi sinn:

- Schoulkommissioun – 2 Vertrieder vum Schoulpersonal, 2 Membere vun den Elterevertrieder, d'Buergermeeschtesch oder hiren Delegéierten a 4 Posten, déi ze besetze sinn;
- Integratiounskommissioun – 2 Vertrieder vum Gemengerot, 6 Posten, déi ze besetze si mat Awunner aus der Gemeng;
- Loyerskommissioun (un d'Loyerskommissioun Iechternach rattachéiert).

Fräiwëlleg Kommissioune fir eng Dauer vu 6 Joer:

- Bautekommissioun – 2 Membere vum Gemengerot a 6 Posten, déi ze besetze sinn;
- Beweegungskommissioun – mindestens 1 Member vum Gemengerot a 6 Posten, déi ze besetze sinn;
- Kultur- an Tourissemskommissioun – mindestens 1 Member aus dem Gemengerot a 6 Posten, déi ze besetze sinn;
- Redaktiounsekipp vum DE FUUSS – 2 Membere vum Gemengerot, d'Korrektrice a 4 Posten, déi ze besetze sinn.

**7.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Klimaekipp ze grënne mat Memberen aus dem Gemengerot, engem Member vum Gemengepersonal, engem Klimaberoder, an en Opruff ze lancéiere fir 6 fräi Plazen ze besetze fir d'Periode vun 2023 bis 2029.

**8.**

a) De Gemengerot ernennt de Responsabele vum techneschen Déngscht Delegéierte vun der Sécherheet vum Beamtewiesen a vun de Schoulen an d'Madamm Andrée Henx-Greischer, Buergermeeschtesch als stellvertriedend Delegéiert.

b) De Gemengerot ernennt d'Madamm Andrée Henx-Greischer, Buergermeeschtesch, Delegéiert vun der Gemeng Waldbëlleg beim Sidest.

c) De Gemengerot ernennt den Här Serge Boonen, Schäffen, Delegéierte vun der Gemeng Waldbëlleg beim Sigre.

d) De Gemengerot ernennt d'Madamm Andrée Henx-Greischer, Buergermeeschtesch, Delegéiert vun der Gemeng Waldbëlleg beim Natur- a Geopark Mëllerdall.

e) De Gemengerot ernennt den Här Jeannot Goedert, Conseiller, Delegéierte vun der Gemeng Waldbëlleg beim lokalen Aktiounsgrupp Leader Mëllerdall an den Här Maxime Bender, Conseiller, als stellvertriedenden Delegéierten.

f) De Gemengerot ernennt den Här Jeannot Goedert, Conseiller, als Vertrieder vun der Gemeng Waldbëlleg beim CIGR Mëllerdall an den Här Christian Berens, Conseiller, als Stellvertrieder.

g) De Gemengerot ernennt d'Madamm Andrée Henx-Greischer, Buergermeeschtesch, Delegéiert vun der Gemeng Waldbëlleg am Kommitee vum Club Senior „An der Loupescht" an den Här Mike Michels, Conseiller, als Stellvertrieder

h) De Gemengerot ernennt den Här Mike Michels, Conseiller, Vertrieder vun der Gemeng Waldbëlleg an der Opsiichtskommissioun vun der ALA asbl an d'Madamm Corinne Meyers, Schäffen, als Stellvertrieder.

i) De Gemengerot ernennt d'Madamm Corinne Meyers, Schäffen, Delegéiert vun der Gemeng Waldbëlleg an der Opsiichtskommissioun vum Cipa Jonglënster an den Här Mike Michels, Conseiller, als Stellvertrieder.

j) De Gemengerot ernennt d'Madamm Anne Rose Simon Delegéiert vun der Gemeng Waldbëlleg am Virstand vum gemeinsamen Office social vun de Gemengen Äerenzdall, Fëschbech, Hiefenech, Fiels, Noumer a Waldbëlleg.

k) De Gemengerot ernennt d'Madamm Corinne Meyers, Schäffen, Delegéiert vum „Syndicat pour le maintien à domicile".

l) De Gemengerot ernennt d'Madamm Yolande Kirsch, Conseillère, Delegéiert vun der Gemeng Waldbëlleg fir d'Fraeförderung an d'Madamm Corinne Meyers, Schäffen, als Stellvertriederin.

m) De Gemengerot ernennt den Här Romain Tobes, Conseiller, Delegéierte vun der Gemeng Waldbëlleg am Opsiichtskommitee vum Recycling Center zu Jonglënster an den Här Serge Boonen, Schäffen, als Stellvertrieder.

n) De Gemengerot ernennt den Här Christian Berens, Conseiller, Delegéierte vun der Gemeng Waldbëlleg am nationale Conseil vun de Gemengendelegéierte vun der Stroossesécherheet an den Här Serge Boonen, Schäffen, als Stellvetrieder.

o) De Gemengerot ernennt d'Madamm Andrée Henx-Greischer, Buergermeeschtesch, Delegéiert vun Syndicat d'initiative et de tourisme vun der Gemeng Waldbëlleg.

p) De Gemengerot ernennt den Här Serge Boonen, Schäffen, Delegéierte vum Gemengesyndikat fir d'Bauen, d'Notzen an den Ënnerhalt vun der Waasserverdeelung an de Gemenge Beefort, Bäerdref a Waldbëlleg.

q) De Gemengerot ernennt den Här Christian Berens, Conseiller, Delegéierte vun der Gemeng Waldbëlleg fir den ëffentlechen Transport an den Här Romain Tobes, Conseiller, als Stellvetrieder.

r) De Gemengerot ernennt den Här Serge Boonen, Schäffen, Delegéierte vun der Gemeng Waldbëlleg am interkommunale Syndicat fir d'Schafen, den Ausbau, d'Fërderung an d'Bewirtschaftung vun enger Zon fir ekonomesch Aktivitéite mat regionalem Charakter am Kanton Iechternach, ofgekierzt SIAEE.

s) De Gemengerot nennt folgend Persounen als Membere vum Opsiichtskommitee „Heringer Millen Mëllerdall":
   - Andrée Henx-Greischer, Buergermeeschtesch
   - Corinne Meyers, Schäffen
   - Romain Tobes, Conseiller.

   D'Madamm Andrée Henx-Greischer, Buergermeeschtesch, gëtt Présidentin vum Opsiichtskommitee „Heringer Millen Mëllerdall".

t) De Gemengerot ernennt mat 6 Stëmmen den Här Serge Boonen, Schäffen, an den Här Jeannot Goedert, Conseiller, Delegéiert am Gemengesyndikat fir d'Bauen, d'Bewirtschaften an d'Ënnerhale vun der Waasserverdeelung an de Gemengen Äerenzdall a Waldbëlleg zu Suewelbuer an um Freckeisen.

u) De Gemengerot ernennt mat 6 Stëmmen d'Madamm Yolande Kirsch, Conseillère, Delegéiert vun der Gemeng Waldbëlleg am „Office Régional du Tourisme Région Mullerthal – Petite Suisse Luxembourgeoise" an den Här Maxime Bender, Conseiller, als Stellvertrieder.

**9.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Devis, dee vum Büro BEST ingénieurs-conseils ausgeschafft gouf fir d'Astandsetzung vun der Bëllegerbaach no den Iwwerschwemmunge vum 1. Juni 2018 an der Gemeng Waldbëlleg/Sektioun D vum Mëllerdall, mat engem Montant vun 1.710.642,38 €.

**10.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, fir d'Charte Energie-Klima-Ëmwelt vun de Veräiner aus der Gemeng ze bewëllegen.

**11.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, der Demande vun engem Awunner net nozekommen, dee freet, fir der Gemeng e Stéck vun enger Parzell vun enger Fläch vu +/- 25m$^2$ ofzekafen, déi zum ëffentleche kommunale Beräich gehéiert a virun der Garage vu sengem Haus läit.

**12.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, der Fondatioun Lëtzebuerger Guiden a Scouten am Déngscht vun de Jonken e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen.

**13.** D'Buergermeeschtesch informéiert, datt d'Zesummesetzung vum Naturpakt, ewéi se am Mäerz gestëmmt ginn ass, bestoe bleift.

**14.** Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 hunn d'Conseillere Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir folgende Punkt op d'Dagesuerdnung vun der heiteger Sëtzung bäizefügen:
*Mat ronn 220 Kanner, déi an der Schoul ageschriwwe sinn an enger aktueller Maison relais, déi ausgeluecht ass fir eng Betreiung vu 96 Kanner, entsteet en akute Plazmangel. Duerch d'Ubidde vun der Lasep kënnen zousätzlech Kanner opgeholl ginn. Trotz alle Beméiunge vun der Fiissercher a.s.b.l. kënnen net allen Elteren, déi schaffe gi Plagë fir méindes, mëttwochs a freides an der Mëttesstonn ugebuede ginn.*

- Mir froen de Gemengerot ëm eng Diskussioun, fir d'Cafeteria vun der Sportshal, déi um Schoulsite läit a mat benotzt kéint ginn, dem Schäfferot den Optrag ze ginn dëse Site esou séier wéi méiglech akkreditéieren ze loossen, fir dass d'Kanner aus dem Cycle 3 a 4 do kéinten hir Mëttegpaus verbréngen, an esou der Fiissercher a.s.b.l entspriechend Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen.

D'Buergermeeschtesch erkläert, datt op Ufro vum Komitee vun der asbl d'Fiissercher, d'Demarchë fir den Agrement fir d'Cafetéria vun der Sportshal zu Waldbëlleg kënne fir d'Schüler aus de Cyclen 3 a 4 wärend de Mëttegpausen ze notzen, säit Wochen amgaange sinn an datt de Ministère de l'Education nationale et de la Jeunesse scho virun der grousser Vakanz op der Plaz war.
Déi Responsabel vum Ministère hu sech net d'office géint dëse Projet ausgeschwat. Den Dossier fir d'Ufro ass dem Ministère och schonn zoukomm. Dementspriechend ass e Vott bei dësem Punkt, wéi e vun den uewegenannte Conseillere gefrot ginn ass, iwwerflësseg.
D'Conseillere hu sech eestëmmeg drop geeenegt, fir kuerzfristeg de provisoreschen Agrement ofzewaarden, fir d'Cafétéria vun der Sportshal kënne wärend de Mëttegpause fir verschidde Kanner aus der Maison relais ze notzen, mëttelfristeg soll eng Léisung fonnt gi mat zousätzleche Säll am Gebai vun der Maison relais a laangfristeg soll eng Machbarkeetsstudie ausgeschafft ginn.


Foto: Georges Koster

# LES RAPPORTS DES RÉUNIONS DU CONSEIL COMMUNAL

Les présents rapports sont établis par le secrétariat communal, contrôlés par les conseillers et approuvés par la bourgmestre. Ils se fondent sur les délibérations du conseil communal dont les décisions sont inscrites sous leur forme exacte au dossier des délibérations, signés par tous les conseillers. Tout citoyen peut consulter ce dossier dans les localités de l'administration communale.

Les présents rapports sont rédigés d'une façon plus compréhensible, avec davantage d'explications. C'est pourquoi la version française et la version luxembourgeoise peuvent légèrement diverger. Dans ce cas, les décisions inscrites au dossier des délibérations font foi.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2023/4

**Séance du lundi, 15 mai 2023**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, échevins,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Excusés : /

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2023-04-01 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2023-04-02 | Modifications budgétaires extraordinaires, |
| 2023-04-03 | Exercice du droit de préemption concernant des parcelles sises à Haller. |
| 2023-04-04 | Projet relatif au renouvellement de la conduite d'eau à Freckeisen. |
| 2023-04-05 | Divers. |

**Le conseil communal :**

- décide unanimement

1. de voter sous l'article Acquisition de terrains – un crédit supplémentaire de 147.907,57 € pour le porter à 175.000 € ;
2. de créer un nouvel article Subside étatique pour l'acquisition de terrains - une recette de 131.250 € ;
3. de voter sous l'article Renouvellement de la conduite d'eau à Freckeisen – un crédit supplémentaire de 284.761,29 € pour le porter à 344.761,29 € ;
4. de créer un nouvel article Participation étatique aux frais de renouvellement de la conduite d'eau à Freckeisen – une recette de 62.057,03 € ;
5. de diminuer le crédit inscrit sous l'article des dépenses de 2023 Démolition du bâtiment WC accolé à l'ancien presbytère de 30.000 € pour le mettre à 0 € ;
6. de reporter les crédits de 2022 au montant de 103.846,43 € inscrits sous l'article Réalisation de l'aire de jeux au centre touristique à Mullerthal à l'exercice 2023 pour les mettre ensuite à 0 € ;
7. de diminuer le crédit inscrit au budget Réaménagement du pont dans la rue Kalkewee, après le report de 2022, de 105.515,54 € pour le porter à 189.123,19 € ;

- décide unanimement de faire valoir son droit de préemption concernant les parcelles

  - 58/8 d'une surface de 53 ares 60 centiares
  - 215/1890 d'une surface de 6 ares 60 centiares
  - 128/2019 d'une surface de 57 ares
  - 132/1052, d'une surface de 46 ares
  - 131/698, d'une surface de 1ha 67 ares 50 centiares
  - 131/1220, d'une surface de 1 ha 69 ares
  - 131/2211, d'une surface de 1ha 73 ares 21 centiares
  - 131/2187, d'une surface de 7 ares 79 centiares
  - 131/2185, d'une surface de 7 ares 15 centiares
  - 131/2184, d'une surface de 68 ares 55 centiares

- 131/1898, d'une surface de 50 ares 60 centiares
- 877/1831, d'une surface de 3 ha 7 ares 30 centiares
- 877/1708, d'une surface de 58 ares 70 centiares
- 873/1830 d'une surface de 70 ares
- 858/583 d'une surface de 24 ares 40 centiares
- 858/338 d'une surface de 62 ares 80 centiares
- 851/2133 d'une surface de 60 ares 30 centiares
- 825/0 d'une surface de 7 ares 30 centiares

afin de les conserver dans le sens du plan de gestion des zones Natura 2000 et du plan d'action des forêts alluviales, en y appliquant notamment les mesures suivantes :

- amélioration de la structure des cours d'eau, des plans d'eau et des fonds de vallée ;
- amélioration des habitats des espèces liés à la plaine alluviale (e.a. Cigogne noire) ;
- restauration de forêts alluviales ;
- enlèvement et conversion des résineux le long des cours d'eau et dans les zones inondables en forêts adaptées aux conditions stationnelles ;
- maintien de zones de quiétude le long des cours d'eau ;
- lutte contre les espèces invasives.

• approuve le devis relatif au renouvellement de la conduite d'eau à Freckeisen, à partir des postes de transformation Creos en direction de Christnach, élaboré par le bureau Daedalus Engineering au montant total estimé de 344.761,29 € (TTC).

• décide unanimement que les membres actuels de la commission de la culture et du tourisme organisent les quatre concerts pour Mëllerdall Plage, organisée par le Syndicat d'initiative et du tourisme, et que les frais afférents sont imputés sur le budget communal de la commission de la culture et du tourisme, inscrits au budget 2023.



*Jeannot Goedert*

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2023/5

**Séance du jeudi, 3 mai 2023**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, échevins,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Excusés : /

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2023-05-01 | Organisation de l'enseignement fondamental, année scolaire 2023/2024, liste 1, proposition d'affectation et de réaffectation des candidat(e)s aux postes vacants d'instituteurs/trices de l'enseignement fondamental ; |
| 2023-05-02 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |

2023-05-03 Fixation de l'âge d'admission à la crèche dans le cadre du « masterplan éducation ».
2023-05-04 Décision portant sur la résilience des forêts de la commune de Waldbillig, selon le point 5.1 du catalogue des mesures du Pacte nature.
2023-05-05 Projet relatif à l'aménagement de places de stationnement à Mullerthal.
2023-05-06 Titres de recette de l'année 2022.
2022-05-07 État des restants de l'année 2022.
2023-05-08 Approbation de compromis de vente.
2022-05-09 Approbation de contrats de bail.
2022-05-10 Convention de fourniture d'eau de source avec la commune de Berdorf.
2023-05-11 Révision du passage du dispositif de la délibération du 23 janvier 2023 d'exiger une indemnité compensatoire pour terrains non cédés dans le cadre de l'adoption du projet d'aménagement particulier « Henerecht » à Haller.
2023-05-12 Adoption du projet d'aménagement particulier nouveau quartier « rue Saint Nicolas » à Haller.
2023-05-13 Modification du règlement de circulation de la commune de Waldbillig.
2023-05-14 Projet de morcellement de terrains sis à Haller.
2023-05-15 Accord de principe pour l'acquisition de terrains sis à Mullerthal.
2023-05-16 Demandes de subside.
2023-05-17 Divers.

**Le conseil communal :**

- propose d'affecter Madame Bollendorff Lara, au poste vacant d'instituteur(trice) C2-4 1p 100 % A23-24 dans l'enseignement fondamental de la commune de Waldbillig ;

- propose d'affecter Madame Dias Balsa Regina, au poste vacant d'instituteur(trice) C2-4 1p 100 % dans l'enseignement fondamental de la commune de Waldbillig ;


*Foto: Marc Barthelemy*

- propose d'affecter Monsieur Frisch Paul au poste vacant d'instituteur(trice) C2-4 1p 50 % A 23-24 dans l'enseignement fondamental de la commune de Waldbillig ;

- décide de fixer l'âge d'admission à la crèche à 3 mois dans le cadre du « masterplan éducation », élaboré par AMC Luxembourg S.A. dans le cadre de l'analyse des besoins à moyen et à long terme et du développement d'un concept intégré pour les infrastructures éducatives et scolaires de l'administration communale de Waldbillig – « Masterplan Bildung Waldbillig 2035-2040 » ;

- décide unanimement de ne pas adopter de choix concernant l'âge de coupe des hêtres et chênes selon le point 5.11 du catalogue des mesures du Pacte nature ;

- le conseil communal décide avec 5 voix et 3 abstentions (les conseillers Bender, Michels et Tobes) d'approuver le devis relatif à l'aménagement de places de stationnement à Mullerthal sur la parcelle inscrite au cadastre sous le numéro 1117/3538, section D de Mullerthal, au montant total de 170.806,98 € (TTC) ;

- décide unanimement d'approuver les titres de recette de l'année 2022 ;

- décide à l'unanimité des voix

  1) d'admettre

| | | **Service ordinaire** | **Service extraordinaire** |
|---|---|---|---|
| en reprises provisoires | 168.760,35 EUR | 142.247,55 EUR | 26.512,80 EUR |
| en décharges | 1.692,14 EUR | 1.692,14 EUR | |
| Total | 170.452,49 EUR | 143.939,69 EUR | 26.512,80 EUR |

  2) d'accorder au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation de poursuivre en justice les débiteurs qui figurent au présent état avec la mention « à poursuivre » ;

- le conseil communal marque son accord au compromis de vente du 30 janvier 2023 aux termes duquel l'administration communale déclare acquérir d'un particulier deux emprises, sises à Haller, section A de Haller, inscrites au cadastre sous les numéros 914/2411 (provenance 914/2356 et une partie de 914/2354) d'une contenance de 24 ca et 914/2409 (provenance 914/2352 et une partie de 914/2354) d'une contenance de 30 ca, au prix de 700 €/are ;

- le conseil communal marque son accord au compromis de vente du 13 mars 2023 aux termes duquel l'administration communale déclare acquérir d'un particulier une place voirie (emprise), sise à Haller, lieu-dit « Beim Basseng », section A de Haller, inscrite au cadastre sous le numéro 397/2158 avec une contenance de +/- 10 ca au prix de 700 €/are ;

- le conseil communal décide de marquer son accord au contrat de bail du 27 mars 2023 aux termes duquel un particulier loue à l'administration communale de Waldbillig un silo sis à Waldbillig, rue de la Montagne, inscrite au cadastre sous le numéro 789/4228, section B de Waldbillig pour un loyer mensuel de 150,00 € (cent cinquante euros) ;

- le conseil communal décide de marquer son accord au contrat de bail du 8 mai 2023 aux termes duquel l'administration communale de Waldbillig, loue la maison sise 2A, rue des Rochers, L-6245 Mullerthal à une famille ayant fuit la guerre en Ukraine ;

- le conseil communal marque son accord à la convention de fourniture d'eau de source conclue le 15 mai 2023 entre les administrations communales de Waldbillig et de Berdorf, représentées par leurs collèges des bourgmestre et échevins respectifs actuellement en fonction, aux termes de laquelle l'approvisionnement en eau de source de la commune de Berdorf ainsi que les droits et obligations de chaque partie sont définis ;

- dans le cadre du projet d'aménagement particulier « nouveau quartier » au lieu-dit « Henerecht », le conseil communal décide unanimement d'exiger l'indemnité compensatoire pour terrains non cédés au montant de 25.000 € par are, c'est-à-dire un montant total de 363.500,00 € pour les 14,54 ares de terrain à céder et de définir que cette indemnité servira pour

  - l'aménagement d'une aire de jeux publique sur le terrain du bassin de rétention ;

  - la mise en œuvre de mesures infrastructurelles visant à réduire la vitesse à l'entrée et à la sortie du PAP, afin de renforcer la sécurité routière ;

- le conseil communal décide unanimement d'adopter le projet d'aménagement particulier « nouveau quartier », élaboré par Zeyen + Baumann sàrl de Bereldange pour le compte d'un particulier concernant des fonds sis à Haller, au lieu-dit « rue Saint Nicolas », d'une superficie totale de 15,07 ares et d'exiger une indemnité compensatoire pour terrains non cédés au montant de 25.000 € par are, c'est-à-dire un montant total de 65.250,00 € pour les 2,61 ares de terrain restant à céder et de définir que cette indemnité servira à

    - l'aménagement d'un passage pour piétons avec éclairage public des deux côtés de la rue, aux environs immédiats du PAP, notamment à la sortie de la rue Saint Nicolas vers la rue des Romains ;

    - l'aménagement d'un arrêt de bus dans la rue des Romains, aux environnements immédiats du PAP ;

- le conseil communal décide de marquer son accord à l'avenant au règlement communal de la circulation du 29 juin 2017, tel que proposé par le collège des bourgmestre et échevins ;

- le conseil communal décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement de la parcelle inscrite au cadastre sous le numéro 433/2414, section A de Haller, en douze lots, selon le plan joint à la demande ;

- le conseil communal décide unanimement de marquer son accord de principe à l'acquisition des parcelles sises à Mullerthal, section D de Waldbillig, inscrites au cadastre sous les numéros 1093/979 d'une surface de 14 ares, 1121/3480 d'une surface de 55 ares 20 centiares, 1112/2677 d'une surface de 17 ares 20 centiares et 1127/3553 d'une surface de 86 ares 70 centiares au prix de 650 €/are, notamment pour le prix total de 112.515,00 € ;

- le conseil communal décide unanimement d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :

    - Asile pour animaux régional Dudelange
    - Association nationale des victimes de la route a.s.b.l.
    - Handicap international
    - Fondation El Salvador Luxembourg a.s.b.l.
    - Ambulanz Wonsch a.s.b.l.
    - Aide aux enfants handicapés du Grand-Duché
    - Sécurité routière



*Yolande Kirsch*

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2023/6

**Séance du mardi, 27 juin 2023**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, échevins,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire.

Excusés :

// BENDER Maxime, conseiller, a donné une procuration à TOBES Romain de voter à sa place
// BARTHELEMY Marc, conseiller, a donné une procuration à MEYERS Corinne de voter à sa place

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2023-06-01 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2023-06-02 | Organisation scolaire provisoire 2023/2024. |
| 2023-06-03 | Demande de morcellement de terrains sis à Waldbillig. |
| 2023-06-04 | Modification budgétaire ordinaire. |
| 2023-06-05 | Modification budgétaire extraordinaire. |

2023-06-06 Fixation des taux multiplicateurs de l'impôt foncier pour 2024.
2022-06-07 Fixation du taux multiplicateur de l'impôt commercial pour 2024.
2023-06-08 Demandes de subside.
2023-06-09 Divers.

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter le point suivant à l'ordre du jour :
2023-06-10 Nous demandons au conseil communal de charger le collège échevinal de faire une analyse concernant les infrastructures et terrains en vue d'un concept touristique global pour Müllerthal.

**Le conseil communal :**

- arrête unanimement l'organisation de l'enseignement fondamental pour l'année 2023/2024 ;

- décide unanimement de marquer son accord au projet de morcellement des parcelles nos 342/4583, 342/4638 et 342/4639, section B de Waldbillig en six lots, selon le plan joint à la demande ;

- décide unanimement la création d'un nouvel article 3/251/648330/99001 Primes d'encouragement avec un montant de 41.850,00 € ;

- décide unanimement de voter la création des articles budgétaires suivants :

  - 4/630/211000/23012 Etude subséquente à la Masterstudie Schwaarz Iernz avec un montant de 32.091,23 €

  - 1/630/162000/23012 Subvention de l'État pour l'étude subséquente à la Masterstudie Schwaarz Iernz avec un montant de 13.715,00 €

- décide unanimement

  - de fixer pour l'année d'imposition 2024 le seul et même taux multiplicateur de l'impôt foncier B pour les différentes catégories d'immeubles à 300 % ;

  - de fixer le taux de l'impôt foncier A à 300 %.

- décide unanimement de fixer le taux multiplicateur de l'impôt commercial dans la commune de Waldbillig pour l'année d'imposition 2024 à 250 % ;

- aucune demande de subside n'est parvenue au conseil communal ;

- il n'y pas eu de discours pour le point 2023-06-09 Divers ;

- le point 2023-06-10 a été retiré de l'ordre du jour par ses initiateurs.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2023/7

**Séance d'urgence du mardi, 11 juillet 2023**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, échevins,
// BENDER Maxime,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers.

Excusés : /

**Ordre du jour**

2023-07-01 Nomination d'un secrétaire remplaçant.
2023-07-02 Tableau de préséance.

**Le conseil communal :**

- décide à l'unanimité de désigner Monsieur David Sonnetti secrétaire communal remplaçant pendant la durée d'absence de Madame Martine Dimmer.

- approuve le tableau de préséance dressé à la suite de l'assermentation des membres du conseil communal à la suite des élections du 11 juin 2023.



Foto: Damaris

# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2023/8

**Séance du jeudi, 3 août 2023**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// MEYERS Corinne, échevins,
// BERENS Christian,
// GOEDERT Jeannot,
// KIRSCH Yolande,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// SONNETTI David, secrétaire remplaçant.

Excusés :

// BENDER Maxime, conseiller, a donné une procuration à TOBES Romain de voter à sa place

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2023-08-01 | Affaire de personnel communal – paiement d'une indemnité forfaitaire. |
| 2023-08-02 | Désignation ou renonciation des délégués qui représentent plusieurs communes au comité d'un syndicat (Syvol, Sigi, CGDIS). |
| 2023-08-03 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2023-08-04 | Décision portant sur les dates de parution du bulletin communal DE FUUSS 2023-3. |
| 2023-08-05 | Création d'un poste de rédacteur pour les besoins de l'administration communale. |
| 2023-08-06 | Constitution des commissions consultatives pour la période 2024-2029. |
| 2023-08-07 | Constitution de l'équipe climat pour la période 2024-2029. |
| 2023-08-08 | Nomination des délégués et représentants dans divers syndicats intercommunaux et auprès d'organismes divers. |

2023-08-09 Approbation d'un devis estimatif établi par BEST ingénieurs-conseils pour le projet « remise en état de la Bëllegerbaach suite aux inondations du 01.06.2018 ».
2023-08-10 Approbation de la charte énergie-climat-environnement des associations de la commune de Waldbillig.
2023-08-11 Demande d'achat d'une partie du domaine public.
2023-08-12 Demandes de subside.
2023-08-13 Divers.

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter le point suivant à l'ordre du jour :

2023-08-14 *Mat ronn 220 Kanner, déi an der Schoul ageschriwwe sinn, an enger aktueller Maison relais, déi ausgeluecht ass fir eng Betreiung vu 96 Kanner, entsteet en akute Plazmangel. Duerch d'Ubidde vun der Lasep kënnen zousätzlech Kanner opgeholl ginn. Trotz alle Beméiunge vun der Fiissercher a.s.b.l. kënnen net allen Elteren, déi schaffe gi Plagë fir méindes, mëttwochs a freides an der Mëttesstonn ugebuede ginn.*
Mir froen de Gemengerot ëm d'Diskussioun, fir d'Cafeteria vun der Sportshal, déi um Schoulsite läit a mat benotzt kéint ginn, dem Schäfferot den Optrag ze ginn, dëse Site esou séier wéi méiglech akkreditéieren ze loossen, fir dass Kanner aus dem Cycle 3 a 4 do kéinten hir Mëttegpaus verbréngen, an esou der Fiissercher a.s.b.l entspriechend Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen.

**Le conseil communal :**

- décide unanimement de verser une indemnité par mois à un fonctionnaire de l'administration communale pendant la période de remplacement de la secrétaire communale ;

- décide de ne pas proposer de candidat comme délégué au Syndicat des villes et communes Luxembourgeoises (Syvicol) à Madame la Ministre de l'Intérieur pour la commune de Waldbillig ;

- décide de ne pas proposer de candidat comme délégué au Syndicat intercommunal de gestion informatique (Sigi) à Madame la Ministre de l'Intérieur pour la commune de Waldbillig ;

- décide de ne pas proposer de candidat comme délégué du CGDIS à Madame la Ministre de l'Intérieur pour la commune de Waldbillig ;

- décide unanimement de fixer les dates du bulletin communal DE FUUSS 2023-3 comme suit :

  Délai des articles : lundi, 11 septembre 2023 avant 12:00 heures.

  Livraison à la commune : jeudi, 19 octobre 2023 avant 12:00 heures ;

- décide unanimement de créer et de déclarer vacant un poste sous le statut de l'employé communal pour le service de l'État civil et du bureau de la population à durée déterminée ;

- décide unanimement de créer les commissions consultatives suivantes :

  Les commissions prévues par la loi :

  - la commission scolaire - 2 représentants du personnel des écoles, 2 représentants des parents des élèves, la bourgmestre ou son délégué et 4 postes à pourvoir;

*Mike Michels*



- la commission d'intégration – deux représentants du conseil communal, 6 postes à pourvoir par des habitants de la commune;
- la commission des loyers (rattachée à la commission des loyers d'Echternach)

Les commissions facultatives pour le prochain terme de 6 ans :

- la commission des bâtisses – 2 membres du conseil communal et 6 postes à pourvoir;
- la commission des sports - au minimum 1 membre du conseil communal et 6 postes à pourvoir;
- la commission de la culture et du tourisme – au minimum 1 membre du conseil communal et 6 postes à pourvoir ;
- la commission de la rédaction du bulletin communal DE FUUSS – 2 membres du conseil communal, la correctrice et 4 postes à pourvoir

• décide unanimement de constituer l'équipe climat par un nombre indéfini de membres du conseil communal, 1 membre du personnel administratif, 1 conseiller climat, et de lancer un appel aux candidatures afin de pourvoir à 6 postes vacants au sein de l'équipe climat pour la période de 2023-2029 ;

• désigne unanimement le préposé du service technique communal au poste de délégué à la sécurité dans la fonction publique et des écoles et Madame Andrée Henx-Greischer, bourgmestre, au poste de déléguée suppléante ;

• désigne unanimement Madame Andrée Henx-Greischer, bourgmestre, au poste de déléguée du Syndicat intercommunal de dépollution des eaux résiduaires de l'est ;

• désigne unanimement Monsieur Serge Boonen, échevin, au poste de délégué du Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers, encombrants et assimilés en provenance des commune de la région de Grevenmacher, Remich et Echternach (Sigre) ;

• désigne unanimement Madame Andrée Henx-Greischer, bourgmestre, au poste de déléguée du Syndicat Natur- a Geopark Mëllerdall ;

• désigne unanimement Monsieur Jeannot Goedert, conseiller, au poste de délégué auprès du Groupe d'action locale Leader Mullerthal et Monsieur Maxime Bender, conseiller, au poste de délégué suppléant ;

• désigne unanimement Monsieur Jeannot Goedert, conseiller, au poste de représentant de la commune de Waldbillig auprès du CIGR Mëllerdall et Monsieur Christian Berens, conseiller, au poste de représentant suppléant ;

• désigne unanimement Madame Andrée Henx-Greischer, bourgmestre, au poste de déléguée au sein du comité de gérance du Club Senior « An der Loupescht » et Monsieur Mike Michels, conseiller, au poste de délégué suppléant ;

• désigne unanimement Monsieur Mike Michels, conseiller, au poste de représentant effectif dans la commission de surveillance de l'Association Luxembourg Alzheimer a.s.b.l. et Madame Corinne Meyers, échevine, au poste de représentante suppléante ;

• désigne unanimement Madame Corinne Meyers, échevine, au poste de déléguée effective au sein de la commission de surveillance du Cipa Junglinster et Monsieur Mike Michels, conseiller, au poste de délégué suppléant ;

• désigne unanimement Madame Anne Rose Simon au poste de déléguée de la commune de Waldbillig au sein du conseil d'administration de l'office social regroupant les communes de la Vallée de l'Ernz, Fischbach, Heffingen, Larochette, Nommern et Waldbillig ;

• désigne unanimement Madame Corinne Meyers, échevine, au poste de déléguée du Syndicat pour le maintien à domicile ;

• désigne unanimement Madame Yolande Kirsch, conseillère, au poste de déléguée de la commune de Waldbillig à la promotion féminine et Madame Corinne Meyers, échevine, au poste de déléguée suppléante ;

• désigne unanimement Monsieur Romain Tobes, conseiller, au poste de délégué de la commune de Waldbillig au sein du comité de surveillance du centre de recyclage intercommunal à Junglinster et Monsieur Serge Boonen, échevin, au poste de délégué suppléant ;

- désigne unanimement Monsieur Christian Berens, conseiller, au poste de représentant de la commune de Waldbillig au conseil national des délégués communaux auprès de la Sécurité routière et Monsieur Serge Boonen, échevin, au poste de représentant suppléant ;

- désigne unanimement Madame Andrée Henx-Greischer, bourgmestre, au poste de déléguée du Syndicat d'initiative et de tourisme de la commune de Waldbillig ;

- désigne unanimement Monsieur Serge Boonen, échevin, au poste de délégué du Syndicat de communes pour la construction, l'exploitation et l'entretien d'une distribution d'eau dans les communes de Beaufort, Berdorf et Waldbillig ;

- désigne unanimement Monsieur Christian Berens, conseiller, au poste de délégué de la commune de Waldbillig pour le transport public et Monsieur Romain Tobes, conseiller, au poste de délégué suppléant ;

- désigne unanimement Monsieur Serge Boonen, échevin, au poste de délégué au sein du Syndicat intercommunal pour la création, l'aménagement, la promotion et l'exploitation d'une zone d'activités économiques à caractère régional dans le canton d'Echternach, en abrégé SIAEE ;

- nomme membres du comité de surveillance « Heringer Millen Mëllerdall » :

  - Andrée Henx-Greischer, bourgmestre
  - Corinne Meyers, échevine
  - Romain Tobes, conseiller communal.

  Madame Andrée Henx-Greischer, bourgmestre, remplira les fonctions de présidente du comité de surveillance « Heringer Millen Mëllerdall » ;

- désigne avec 6 voix Monsieur Serge Boonen, échevin, et Monsieur Jeannot Goedert, échevin, aux postes de délégués au sein du Syndicat de communes pour la construction, l'exploitation et l'entretien d'une distribution d'eau dans les communes de Medernach et Waldbillig à Savelborn et Freckeisen ;

- désigne avec 6 voix Madame Yolande Kirsch, conseillère, au poste de déléguée effective à l'Office Régional du Tourisme Région Mullerthal – Petite Suisse Luxembourgeoise et unanimement Monsieur Maxime Bender, conseiller, au poste de délégué suppléant ;

- marque son accord au devis estimatif établi par BEST ingénieurs-conseils de remise en état de la « Bëllegerbaach » suite aux inondations du 01-06-2018 dans la commune de Waldbillig/section D de Mullerthal au Mullerthal, dressé le 26 juillet 2023 par BEST ingénieurs-conseils, avec un montant total de 1.710.642,38 € - TVA et honoraires d'ingénieurs compris ;

- décide unanimement d'approuver la charte énergie-climat-environnement des associations de la commune de Waldbillig ;

- décide unanimement de ne pas donner une suite favorable à une demande d'un riverain concernant l'acquisition éventuelle d'une parcelle d'une surface de +/- 25m$^2$, appartenant au domaine public communal, sise devant la porte du garage de son domicile afin d'augmenter l'espace de sa propriété ;

- décide unanimement d'accorder un subside de 75 € à la Fondation « Lëtzebuerger Guiden a Scouten am Déngscht vun de Jonken ».

*Fotoe vun der Vereedegung vun de Gemengeréit: Pit Beckené – auteur des photos de l'assermentation des conseillers communaux*

# ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL

## Gebuerten // *Naissances*

| | | | |
|---|---|---|---|
| 11/05/2023 | **Wampach** | Charlie | *Chrëschtnech* |
| 21/06/2023 | **Wohlfart** | Liv | *Chrëschtnech* |
| 16/07/2023 | **Feidt** | Phil | *Chrëschtnech* |
| 13/08/2023 | **Azevedo Cruz** | Leony | *Waldbëlleg* |
| 30/08/2023 | **Teixeira Ribeiro** | Olívia | *Chrëschtnech* |
| 11/09/2023 | **Michels** | Batti | *Waldbëlleg* |

## Bestietnesser // *Mariages*

| | | |
|---|---|---|
| 16/06/2023 | **Heintz** Pierre Robert & **Tholl** Diane | *Chrëschtnech* |
| 27/06/2023 | **Vossen** Alain & **Schwarz geb. Bär** Daniela | *Chrëschtnech* |
| 21/07/2023 | **Besnard** Brice Jean Marie & **Labarbuta** Elena | *Haller* |
| 28/07/2023 | **Teixeira Ascenção** Filipe & **Bessa Ribeiro** Virgínia Patrícia | *Waldbëlleg* |
| 19/08/2023 | **Larry** Pit & **Beckené** Jil | *Haller* |

## Pacs // *Partenariats*

| | | |
|---|---|---|
| 27/04/2023 | **Sangha** Navdeep & **Panagiotou** Ioanna | *Haler* |
| 01/09/2023 | **Frantz** Alain Carlo & **Gratias** Lena | *Chrëschtnech* |

## Stierffäll // *Décès*

| | | |
|---|---|---|
| 04/04/2023 | **Feidt** Barbe Marguerite | *Chrëschtnech* |
| 15/04/2023 | **Biehl-Hary** Anna | *Waldbëlleg* |
| 16/05/2023 | **Diedrich** Gabriel | *Chrëschtnech* |
| 04/08/2023 | **Dahm** Lynn | *Waldbëlleg* |
| 15/08/2023 | **Martinho Pereira De Almeida** José | *Chrëschtnech* |
| 12/09/2023 | **Kapp** Alex Joseph | *Chrëschtnech* |
| 16/09/2023 | **Goedert-Kohl** Mathilde | *Chrëschtnech* |



# MIR GRATULÉIEREN



D'Diane **Tholl** an de Pierre Robert **Heintz** sinn de 16. Juni bestuet ginn.




D'Daniela **Schwarz** an den Alain **Vossen** sinn de 27. Juni bestuet ginn.
*Foto: Jannik Schwarz*



D'Elena **Labarbuta** an de Brice Jean Marie **Besnard** sinn den 21. Juli bestuet ginn.



D'Virgínia Patrícia **Bessa Ribeiro** an de Filipe **Teixeira Ascenção** sinn den 28. Juli bestuet ginn.



D'Jil **Beckené** an de Pit **Larry** sinn den 19. August bestuet ginn.



D'Lena **Gratias** an den Alain Carlo **Frantz** sinn den 1. September gepacst ginn.
*Foto: Miss Turner Photography*

*Fotoen: Gemeng Waldbëlleg, wann et net anescht ernimmt ass.*
*Illustratioun: Anna Lysenko/Pixabay*

# ÉIERUNGEN UM NATIONALFEIERDAG 2023

Wéi all Joer waren e Cortège an en Te Deum, an dono an der Sportshal d'Éierungen.














De **Marc Barthelemy** an de **Jean-Joseph „Jojo" Tholl** goufe geéiert fir hir Zäit am Gemengerot.



De **Serge Boonen** krut d'sëlwer „Médaille de Mérite" fir 25 Joer bei der Waldbëlleger Musek vum President vun der Musek Micha von Sayn Wittgenstein an der Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer.




Weider Leeschtunge vu jonke Bierger aus der Gemeng Waldbëlleg sollen ervirgehuewe ginn:



Bei de Pompjeeë vun der Gemeng Waldbëlleg kruten di Jugendlech **Nick Riehl**, **Max Weis** a **Mic Weynandt** d'bronze Leeschtungsspéngel an de **Romeo Ruppert** an de **Gabriel Stevens** di gëlle Leeschtungsspéngel.



Am Fussball sinn d'**Cadete vum FC Olympia Christnach-Waldbillig** Champion an hirer Klass ginn a vun der 4. an di 3. Klass opgestigen.



D'**Kim Schmidt** vu Waldbëlleg spillt Badminton zu Bischmisheim (Däitschland), deelweis an der 1. an deelweis an der 2. Bundesliga. Si ass mat der 1. Ekipp vu Bischmisheim däitsche Meeschter ginn. Wéinst hirer gudder Weltrangléschtepositioun 189 ass d'Kim an den Elittekader vum COSL opgeholl ginn. D'Kim ass Lëtzebuerger Landesmeeschterin am Eenzel.



Am Schwammen ass den **Olivier Bervas-Schumacher** vu Waldbëlleg Vizechampion an der Kategorie Poussins 1 fir 100 m Nage libre, 100 m Brasse an 200 m 4 Nages.

*Text: Isabelle Oberlé*
*Fotoen: Filipe Soares*

Foto: Damaris



# INTERVIEW MAM JEANNOT GOEDERT

***Géift Dir Iech wgl. kuerz virstellen.***

Mäin Numm ass Jeannot Goedert, 1961 gebuer a Papp vun zwee Meedercher.
Als Chrëschtnecher Jong hunn ech bal mäi ganzt Liewen an eiser Gemeng verbruecht.
Op der Cargolux wor ech 42 Joar als Fligerstechniker an hunn Ufank 2022 meng Retraite geholl.
Säit menger Kandheet wor Fussball ëmmer meng gréisste Passioun. Mat grousser Begeeschterung wor ech dunn och fir bal 30 Joar aktive Spiller beim FC Olympia.
No e puer Knéioperatiounen hunn ech du meng Fussballschong un den Nol gehaang a mir en anere Sport gesicht.
Duerch Kolleegen sënn ech un d'Mountain Bike-Fuere komm a spéider hunn ech dunn och mat Course Vëlo ugefaangen, e Sport deen ech och haut nach reegelméisseg bedreiwen.



***Firwat sidd Dir an d'Politik gaangen?***

Nodeems ech a menger Jugend ëmmer aktiv a sëllege Clibb matgeschafft hunn (Fussball, Pompjeeën, Club des Jeunes), ass dëst eng logesch Suite vu mengem Liewen an dem Intressi un der Gemeng.
Duerch d'Schaffen op Schichten an ëmmer méi Verantwortung a Stress op der Aarbecht, koum mäi soziaalt Liewen an der Gemeng e bëssen ze kuerz.
Wéi ech gefrot gi sënn, ob ech mir kënnt virstellen mat an d'Gemengewalen ze goen, wor ech am Ufank e bësse



skeptesch, hu mir dat och laang iwwerluet an hunn du gemengt an der Pensioun misst dat scho passen.

***Wei eng politesch Dossiere leien Iech perséinlech um Häerz?***

2022 huet eis Gemeng decidéiert Member vum Naturpakt ze ginn. Fir do Subsiden vum Staat ze kréien, mussen di néideg Mesuren ëmgesat ginn.
Duerch planze vu lokale Beem, Hecken, Wiseblummen asw. kënnt een e wichtege Bäitrag zum Naturschutz maachen a gläichzäiteg eng Verschéinerung vun der Gemeng erreechen.
Am Kader vum „Regionales Fahrradkonzept Müllerthal", ass vill a gutt Aarbecht geleescht ginn, lo muss dann och ugefaange ginn, an deenen nächste Joren dat Eent oder Anert ëmzesetzen.
Vill Aarbecht an Zäit huet eise leschte Gemengerot schonn u wichtegen Dossieren wéi Schoulausbau,



Maison relais, Gemeng, Buvette a Kläranlag gestach, natierlech bleift dat och weider eis gréisste Prioritéit.

***Soll eng kleng Gemeng ewéi Waldbëlleg onofhängeg bleiwen?***

No all deenen Investitiounen an deene leschte Joar an eng nei Schoul, Sportshal, Gemengenatelier an an déi zukünfteg Gemeng (Hentgesbau) asw. fannen ech et schwéier, nach Argumenter fir eng Fusioun ze fannen. Ech sinn der Meenung, datt – wann et iwwerhaapt Sënn gemaach hätt – mir deen Zäitpunkt viru Joare verpasst hunn.



***Wat si fir Iech perséinlech d'Unzéiungspunkte vun eiser Gemeng, firwat lieft Dir gär do? Wat kéint besser sinn?***

Eis Gemeng mat deene schéine Bëscher, zielt bestëmmt zu deene flottsten am ganze Land.
Ob zu Fouss oder um Mountain Bike, ech genéissen et, Zäit an eiser schéiner Natur ze verbréngen.
Den Duerfcharakter vun eiser Gemeng, wou ech fréier jidderee kannt hunn, ass de Grond, datt ech ni vun hei wollt fortgoen.
D'Verkéierssituatioun, an den Agäng vun den Dierfer am speziellen, duerch oft vill ze héich Vitess, misst onbedéngt duerch baulech Moossname verbessert ginn.

*Fotoen: Famill Goedert*

# NORUFF OP DEN ERN WALERIUS

Den Ernest „Ern“ Walerius, deen eis de 16. September verlooss huet, huet sech ervirgedinn duerch e beandrockenden Engagement an Devouement fir seng Gemeng a fir d'Regioun Mëllerdall. Seng Karriär ass markéiert duerch seng eminent Roll bei der Schafung an Entwécklung vum CIGR Mëllerdall.

Hie gouf 2005 Buergermeeschter vu Bäerdref an do stoung hie séier virun enger grousser Erausfuerderung, dem Manktem u Personal am Service technique vun der Gemeng. Den Ern Walerius hat sech scho laang Gedanke gemaach iwwer d'Aarbechtslosegkeet an en huet dunn d'Initiativ geholl, fir mam CIGR aus dem Gréiwemaacher Kanton zesummenzeschaffen. 2006 gouf d'Gemeng Bäerdref Member vun döser Organisatioun, an den „Ern“, wéi jiddwereen hie genannt huet, gouf am selwechte Joer an de CIGR-Verwaltungsrot genannt.

Déi erfollegräich Zesummenaarbecht tëscht der Gemeng Bäerdref an dem CIGR Kanton Gréiwemaacher huet bis 2011 gedauert. Deemools huet den Ern Walerius mam Camille Hoffmann, Buergermeeschter vun der Beeforter Gemeng, de CIGR Mëllerdall gegrënnt, zesumme mat der Gemeng Noumer, déi virdru mam CIGR Syrdall verbonne war. Zesummen hunn si den 3. Oktober 2011 mat dëser lokaler a regionaler Struktur an der Mëtt vum Mëllerdall ugefaangen.

Zu Bäerdref huet den Ern den Atelier „Lisl“ zur Verfügung gestallt, fir d'Mataarbechter an den Equipement vun der neier Associatioun opzehuelen. Den éischten Accord mam Aarbechtsministère huet néng Beneficiairë virgesinn, déi an dëser neier Sozialinitiativ en Aarbechtskontrakt kruten.

Zënter hirer Grënnung huet d'Associatioun e lokale Service, genannt „Heinzelmännercher“, dee geduecht ass, fir Leit iwwer 60 Joer a Persoune mat reduzéierter Mobilitéit ze hëllefen, d'Ëmgéigend vun hirem Heem ze erhalen. Zanter 2013 sinn d'Gemenge Konsdref, Waldbëlleg, Hiefenech, Fiels, Iechternach, Rousport-Mompech a Reisduerf bei dee Projet derbäi komm. Aner Initiative koume séier no, dorënner „Rentabike Mëllerdall“, an och „Environmental Services“ a véier Dierfer.




Den Ern Walerius war eelef Joer laang President vum Veräin bis Oktober 2022, wéi hie wéinst gesondheetleche Problemer huet missen demissionéieren. Säi Vermiechtnes bleift present an der Associatioun CIGR Mëllerdall. Hie stoung fir Humanismus, Toleranz a Fréndlechkeet, a mat senger Visioun konnt de CIGR an den zwielef Joer Existenz zanter der Grënnung 400 Demandeur-d'emploien hëllefen. Honnert vun hinne konnte sech erëm an d'Aarbechtswelt an an d'Gesellschaft integréieren, wat e grousse Merite ass vun dem laangjärege President.

Den Ern Walerius wäert fir ëmmer an eisen Häerzer bleiwen als Virbild vun Engagement a Solidaritéit a senger Gemeng a mat senge Matbierger.

*CIGR Mëllerdall,*
*Iwwersetzung: Marc Barthelemy*
*an translate.google.com*
*Foto: Caroline Martin*



*Foto: Damaris*

# SCHOUL & MAISON RELAIS // *ÉCOLE & MAISON RELAIS*





## Virliesung Isabelle Hild



Kennt Dir schonn déi flott Geschicht „Wat gelift?“ vun der Isabelle Hild?

Wann net, da frot mol d’Kanner aus dem C1. Déi haten nämlech déi grouss Chance se direkt vun der Autorin virgelies … nee … virgespillt ze kréien! Ee grousse Spaass!



## Mat der Trottinette ëm de Séi

Ohjee, deen aarme Bus … net nëmmen eng Hellewull u Kanner ze transportéieren … Nee, och nach de Bauch struppevoll mat Lafrieder an Trottinetten! Mee et huet sech gelount! D’Precocekanner sinn zesumme mat de Spillschoulskanner ëm den Iechternacher Séi geflitzt. Natierlech si vill Beweegungspausen op deene flotte Geräter laanscht de Séi ageluecht ginn a jiddereen hat ee coole Moien.



## Instrumentepresentatioun

Am Juli hat d'Museksschoul vun Iechternach eng flott Instrumente-presentatioun zu Beefort organiséiert un där d'Kanner aus der Spillschoul mat Freed deelgeholl hunn.
















## Ausfluch Spillschoul an de Park Sënnesräich

Am Juni hunn d'Kanner aus der Spillschoul e léierräichen a flotten Dag am Park Sënnesräich zu Lëllgen verbruecht. A ville verschiddene Statioune sinn si eppes méi iwwer eis Sënner gewuer ginn, konnten allerlee selwer austesten, an no engem gudde Mëttesiesse frësch gestäerkt hir Energie op der flotter Spillplaz lassginn.

*Text a Fotoen:*
*Léierinnen aus der Grondschoul*




## Ofschlossfest Cycle 4.2.



De 14. Juni hunn d'Schüler vum Cycle 4.2. hiren Ofschloss gefeiert.

Zesumme mat hire Léierinne Laura Walch, Julie Welter, Christine Kieffer, Josée Turpel an der Joffer Sophie hunn si e flotten Nomëtteg verbruecht. D'Elteren hu fir si gegrillt an si hunn sech um Fussballsterrain ameséiert.

Si krute jiddereen en Hoodie vun der Elterevereenegung iwwerreecht. Mir wënschen hinnen e gudde Start fir hir nächst Etapp am Lycée.





## Drums Alive Workshop

E Samschdeg, den 13. Mee ass d'Jeanne Schmartz an de Mëllerdall an de Kärespäicher komm fir den *Drums Alive* Workshop unzebidden. E Grupp Kanner aus dem C1 si komm, fir mat der Perkussionistin ze danzen an ze trommelen.

Et ass ugaangen, fir sech un dee grousse Gymnastikball ze gewinnen. D'Kanner hunn sech ënner de Ball, driwwer, drop, hannendrun an och niewendru geluecht.

Déi Bengele fir ze trommele mussen och ausprobéiert ginn. No klenge Fangerübungen hunn si éischt Schléi op de Ball geüübt. Et ass mat de Féiss dirigéiert ginn, getrommelt a gedanzt ginn.

Zum Schluss hunn d'Kanner esouguer ganz stolz eng kleng Choreografie zum Waka Waka vun der Shakira hikritt.



Mir soen der Jeanne Schmartz an de Kanner villmools Merci fir dee flotte Moien!









# Betsy Dentzer um Kärespäicher

D'Elterevereenegung vun der Gemeng Waldbëlleg huet de 5. Mee e weidere flotte Liesmoien organiséiert, dës Kéier mat der Betsy Dentzer.

D'Betsy Dentzer ass eng lëtzebuergesch Geschichtenerzielerin, eng ganz villsäiteg Interpretin an Theaterschauspillerin. Wärend hirem Studium zu Berlin huet si d'Welt vun de Märercher, Legenden a Mythen a virun allem de Beruff vum Erzieler entdeckt an zanterhir schafft si als Freelance Kënschtlerin hei zu Lëtzebuerg a reest duerch d'Land, fir grouss a kleng Geschichten ze erzielen.

Esou koum si och bei eis an de Kärespäicher op der Heringer Millen mat enger Valise voller flotter Geschichten; dëst fir déi „Kleng" aus dem Cycle 1 an awer och fir déi e bësse méi grouss an de Cyclen 3 an 4.



Leider hate mir kee risegen Zoulaf, et waren net esouvill Kanner wéi erhofft komm. Mee och am méi klenge Krees war et gemittlech, spannend an interessant.

Vun engem klengen aarme Meedchen aus der Tierkei, wat sech mat senge schwéier verdéngte Souen eng verzaubert Béchs kaaft huet, iwwer en Hutt, deen der Mouk ze grouss war bis hin zu engem Här vum Lampertsbierg, deen op Amsterdam gaangen ass, hat d'Betsy vill Interessantes fir déi kleng Ouere matbruecht.

E gutt Stéck Kuch als Stäerkung an e Glas Jus gouf et och. E flotte Moien hunn eis Kanner am Mëllerdall um Kärespäicher verbruecht.

D'Ekipp vun der Elterevereenegung freet sech, ëmmer erëm flott Aktivitéiten fir eis Kanner organiséieren ze kënnen.

*Text a Fotoen: Elterevereenegung*


*Foto: Damaris*

# VERÄINER // *ASSOCIATIONS*

## HEI E PUER NEWS VUM TURNVERÄIN „ËMMER FIT"



Den 10. Juli war déi lescht offiziell „Turnstonn" fir dës Saison, dëst wéi gewinnt méindes owes an der Sportshal zu Waldbëlleg.

D'Agata hat eis en extra flotten Training als Ofschloss preparéiert. Si léisst sech ëmmer erëm e flotten a spannenden Training afalen, fir eis ze fuerderen an ze motivéieren.

Éier mir awer an eis Summerpaus gaange sinn, hate mir de 6. Juli e gemittlechen Owend op der Gare zu Mieder-nach verbruecht.

Mir vum Comité vum Turnveräin Ëmmer Fit, hate fir eis Generalversammlung op Ham, Fritten an Zalot invitéiert. Dëst fir ënner anerem eise ville motivéierte Memberen an awer och eiser Monitrice, der Agata Klimek, Merci ze soen. Et sollt e flotten Owend gin … e puer flott nei Iddien a Proposë fir d'Saison 2023/2024 koumen op. Sou och d'Iddi vum „Summer-Fit". Mir waren eis eens, datt mir eis weiderhi méindes owes wéilte gesinn wärend der grousser Vakanz. Dëst virun allem fir déi Memberen, déi sech wärend der Summerpaus weiderhi wéilten „fit" halen. En neie Grupp gouf op Whatsapp opgemaach wou jiddereen eng Aktivitéit proposéiere konnt. Treffpunkt: wéi gewinnt méindes owes um 19:00 Auer. Vum Tréppeltour bis hin zum Pilates-Training, et war ëmmer flott a ganz ofwiesslungsräich.







Gestart si mir mat enger flotter Wanderung. D'Danielle huet eis vun Haler duerch d'Halerbach bis op de Grondhaff guidéiert. Zirka 9 Kilometer si mir a knapp 2 Stonne bei guddem Wieder duerch d'Natur getréppelt.

Fir déi Woch drop de 24. Juli hat d'Malou dunn d'Iddi, fir e Bauch Beine Po Training ze maachen. Eng Fréndin vun hir, d'Christine Werdel ass bis op Waldbëlleg komm an huet eis eng Stonn Bauch Beine Po Pilates änner fräiem Himmel gehalen. Och hei hate mir vill motivéiert Dammen déi matgemaach hunn.

Leider huet d'Wieder déi Woch drop (30. Juli) nit méi sou matgespillt, mee dat war nit weider schlëmm. D'Anne huet sech fräiwëlleg gemellt an huet eis eng super Trainings-Stonn an der Sportshal gehalen. D'Agata hat eis en Training opgestallt a mir hunn änner der Leedung vun der Anne alles ginn a gutt geschweesst. Dat Bescht war de kreativen an originellen Affichage vun den Übungen.

Well dat sou flott war an d'Wieder leider nit méi sou richteg matgespillt huet, huet et dunn fir déi Wochen drop geheescht: same place – same time mat ëmmer engem anere flotte Programm.

Den 21. August ass d'Christiane dunn nach emol bis op Waldbëlleg komm. Eng weider flott Pilates-Stonn am Schoulhaff, fir BBP ze trainéieren.

Den 30. August sollt d'Wieder rëm nit sou matspillen an et gouf rëm an der Sportshal geturnt. D'Anne huet nees d'Leedung vum Cours iwwerholl an d'Memberen hu motivéiert matgemaach.

Op dësem Wee wëlle mir der Agata Merci soen, datt si eis all Woch e flotten Training opgestallt huet, dësen un all eis Membere geschéckt an och op FB publizéiert huet. E spezielle Merci awer och un d'Anne, déi eis den Training an der Hal gehalen an d'Übunge voller Motivatioun an Elan virgemaach huet. Ouni dës Initiativ wier dat sécherlech nit sou flott gewiescht a mir hätte bestëmmt gelappt.

Wien elo Loscht kritt huet a bei eis matmaache wëll, kann sech gäre bei eis mellen änner ***emmer.fit@gmail.com*** oder einfach eemol méindes owes op Waldbëlleg schnuppere kommen.

*Bescht Gréiss vum ganze Comité*
*vum Turnveräin ËMMER FIT*

Turnveräin ËMMER FIT
***emmer.fit@gmail.com***

*Text a Fotoen: Ëmmer Fit*



# D'AEROMODELLISTE VU CHRËSTNECH



Summerzäit … Hëtzt, Dréchent … awer och schéine bloen Himmel, wéineg méien vum AMC-Airfield, laang Deeg an der frëscher Loft, apaart mueres an owes … déi aktiv Pilote vum AMC hunn nees jett profitéiert vun där schéiner Saison!

Deen een oder anere Seegler huet sech an der grousser Hëtzt Richtung Marscherwald derduerch gemaach, a konnt no enger intensiver Sich hanner der Mandelbaach erëmfonnt ginn!

De Remorquage vu Seegelfligere, voltigéiere vun historesche Maschinnen an emouvant Landemanoeuver bei staarkem Säitewand …











awer och relax Momenter beim rouegen Thermiksichen oder beim gemittleche Kaffiskränzchen op der Terrasse vum AMC-Chalet, um Fons Mehlen-Airfield am Vugelsbësch!

De Gebuertsdag vun engem aktive Pilot oder Nationalfeierdag, där geselleg Momenter waren der jett!

… d'Sonn huet gutt geliicht an den Himmel war bal ëmmer blo!

***Infoen kritt Der gäre beim Paul Mehlen,***
***um Tel. 621 21 91 29.***

*Redaktioun a Biller: Henri Beissel, Marcel Delleré, Alex Federmeyer, Jos Gaspard, Romain Hanten, Francis Havé, Paul Mehlen a Push Steffen.*







## JONK & AL



Endlech ass nees Normalitéit an den Alldag komm, an dofir konnte mir eise Programm, dee mir eis 2022 virgeholl hunn och anhalen. An esou sollt et och sinn fir 2023 wou mir nees eist traditionellt Choucroute-Iessen zesumme konnte genéissen, fir mateenen ee schéinen Nomëtteg ze verbréngen.

Esou hu mir iwwer déi lescht 9 Méint eise Programm, dee mir eise Membere présentéiert hunn, kënnen anhalen. Wéi eis Porte ouverte, d'Generalsammlung, d'Journée du Grand-Âge, d'Dagesrees an eis Rees op Wien, déi mir vum 6. bis den 10. September gemaach hunn.





## Hei e puer Impressioune vun deene verschiddenen Aktivitéiten.



***Generalversammlung***, de 15. Abrëll op där d'Sony Jung an d'Olga Goedert d'Wal ugehol hunn, fir am Kommitee vu Jonk & Al matzeschaffen, an d'Marianne an de Pierre no 16 Joer aktiv am Komitee hir Fonktioune bis Enn dëst Joer nidderleeën. Mir soen hinnen zwee villmools Merci fir déi wonnerbar Zesummenaarbecht iwwer déi lang Joer.







Eis ***Porte ouverte*** wou mir ënner anerem vu Suzette a Fern e Kuch a Schampes offréiert kritt hunn, fir mat hinnen op hir Gëllen Hochzäit unzestoussen an esou e schéinen Nomëtteg ze verbréngen.





Oder d'***Journée du Grand-Âge***, den 20. Mee mat der Éierung vun de Jubilaren 2023 fir hir 75, 80, 85, an 95 Joer, mat der Gemeng zesummen am Kärespäicher, wou ons de Restaurant Heringer Millen zerwéiert huet. Dobäi hu mir ee fantasteschen Nomëtteg verbruecht.





***Dagesrees an d'Éislek***, den 8. Juni, mat der Besichtegung vun den Ourdaller Produktiounsanlagen zu Kalborn an uschléissender Visitt vun der Robbesscheier zu Munzen wou och eng Faart mat der Päerdskutsch um Programm stoung.







***Visitt***, den 9. August vu Jonk & Al ***bei der Jubilarin*** a laangjäreger Member, der ***Madame Bebby Frank-Tossing***, fir hir fir hire 90. Gebuertsdag ze gratuléieren. Bei engem Glas Schampes, engem gudden Häppchen, Zockerwäffelcher a Bamkuch hu mir ee schéinen Nomëtteg am Krees vun der Famill verbruecht. Vun hei aus wënsche mir der Bebby nach eng Kéier alles Gudds an nach vill Joren dobäi bei beschter Gesondheet a soe Merci fir deen häerzlechen Empfang.

An zu gudder Lescht d'***Rees op Wien***, vum 6. bis den 10. September, wou mir mat der Luxair, de 6. owes ukomm sinn, fir dann déi follgend Deeg Wien mat all senge Sehenswierdegkeeten ze besichtegen. Wéi z.B. d'Schloss Schönbrunn, d'Schloss Belvedere, d'Hundertwasserhaus, d'Hofburg, de Sisi-Museum, d'Wiener Staatsoper, de Stephansdom, de Prater mat sengem Riserad, d'Kapuzinergruft, d'Beethovenhaus zu Baden, eng Donaufahrt, oder einfach ze flanéieren op der Kärntner Straße, e Kaffi am Café Mozart ze drénken an nach vill aner Sehenswierdegkeeten. Fir d'Rees ofzeschléissen, ware mir am Heurigen Wambacher iessen no der Visitt vum Kurort Baden.



Momenter, déi engem an Erënnerung bleiwen an déi ee mat deenen, déi mat waren, gäre wëll deelen.

*Mat beschte Gréiss vum Kommitee vun Jonk & Al Waldbëlleg*












# D'HALER LETT



Di Haler Lett hate beim Buergbrenne vum 26. Februar gutt a vill geschafft, an dat ass vun de Spectateuren och honoréiert ginn. Et waren der vill deen Dag do, an déi hu sech uerdentlech iwwer Gulaschzopp a Gegrills hiergemaach. E klenge Patt (oder och e puer méi) hunn natierlech och net gefeelt.

Et ass mëttlerweil bekannt, datt di Haler Lett keng Präislëscht ausleien hu fir d'Eessen an d'Gedrénks. Awer et steet eng Këscht do, a jidderee kann dee Betrag, deen hie fir ugemooss zu senger Consommatioun hält, an déi Këscht geheien. Dee Betrag gëtt fir e gudden Zweck gespent.

Dëst Jar war et un der Associatioun Rahna, Muppen ënnerstëtze Leit am Rollstull Asbl. Den 3. Mee konnt den Här Paulus zu Miedernach am Restaurant „Op der Gare II" de Scheck vun 1.000 € entgéinthuelen. Hien huet dobäi seng Associatioun méi am Detail virgestallt an och e puer konkret an intressant Beispiller opgezielt.

Duerno, wien wonnert et, gouf di sympathesch Feier op eege Käschte mat Ham, Fritten an Zalot ofgeschloss.

Heimat ass dann d'Buergbrennen 2023 definitiv eriwwer, an di Haler Lett fänke schonn sou lues u sech op dat nächst ze freeën a si wieren och frou, fir e puer nei bäigeplënnert Haler Lett dobäi kënnen ze begréissen. Schaffen, spenden an eessen ass eng Saach, mee nei Matbewunner kennen ze léieren an hinnen d'Integratioun ze vereinfachen, ass dovunner e wëllkommenen Nieweneffekt.

*Di Haler Lett*


Foto: Damaris

# KULTUR A GESCHICHT // *CULTURE ET HISTOIRE*

## FIRWAT ASS EIST LÄNDCHEN ESOU EENZEGAARTEG?

Dräi Woche laang vum Nationalfeierdag bis de 14. Juli war de Contacto-Journalist Ricardo J. Rodrigues zu Fouss um Tour duerch d'Land, fir Äntwerten op dës Fro ze fannen.

Déi 21 Deeg zu Fouss hunn him „de rare Privileg ginn, Lëtzebuerg lues a lues ze verstoen". Hie gesäit dëse Grand-Duché net méi als e klengen Territoire, och wann d'Kartographie et anescht seet.

Dëst Land huet hien an enger Breet an Diversitéit erlieft, déi e sech virdru net virstelle konnt. D'Geschichten, déi him um Wee begéint sinn, hunn him de Puzzle zesummengestallt, dee Lëtzebuerg erkläert, mat de Verännerungen aus de leschte Joren, déi déifgräifend sinn. D'Land ännert sech.

De Ricardo Rodrigues huet gesinn, wéi Lëtzebuerg sech duerch de Klimawandel, verännert, mee och duerch ëmmer méi Multikulturalismus an der Populatioun, déi exponenziell wiisst, awer keng Plaz huet fir ze wunnen.



An 21 Deeg an op bal 500 Kilometer zu Fouss – vill méi wéi déi 350 ursprénglech geplangten – hat hien déi grouss Geleeënheet, e puer vun den aussergewéinlechsten Ecker a Charaktere vun dësem Land kennenzeléieren.

Um 15. Dag vum Fousstour ass de jounalischte Wanderer vu Bäerdref op Iechternach gaang an huet e groussen Ëmwee gemaach, fir de Marc Barthelemy zu Waldbëlleg ze treffen, den Éierecommissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch. Och d'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer huet et sech net huele gelooss, den daperen Tréppeltourist ze emfänken.

Waldbëlleg ass jo d'Heemecht vum Michel Rodange, deen 1872 säin epesche Roman Reenert publizéiert huet – dat éischt richtegt Buch an der Sprooch. An engem flotte Gespréich ass et drëm gaangen, wéi dee Fuuss dëst Land erkläert, wéi e Kampf et war, fir aus engem Dialekt eng offiziell Sprooch ze maachen, wat dat fir Lëtzebuerg bedeit huet a bedeit, a wat fir eng grouss Entwécklung d'Lëtzebuergesch an de leschte fënnef Joer erlieft huet.

*Text a Fotoen: Marc Barthelemy*



**Quellen:**

- *https://www.contacto.lu/luxemburgo/uma-historia-em-luxemburgues/1990302.html*
- *https://www.wort.lu/luxemburg/luxembourg-on-foot-drei-wochen-unterwegs-reporter-entdeckt-das-grossherzogtum-zu-fuss/1667874.html*
- *https://www.luxtimes.lu/luxembourg/day-15-the-history-of-luxembourgish/1668151.html*
- *https://www.virgule.lu/luxembourg/jour-15-une-histoire-en-luxembourgeois/1991049.html*



Aus der Sammlung vum Marcel Ewers. Foto S. P. L.

## ENG BOURSE FIR D'S. P. L.

D'Société préhistorique Lëtzebuerg huet jo hire Siège an der Gemeng Waldbëlleg. Si huet elo déi éischt Bourse kritt vun der Schleich-Lentz Foundation fir archeologesch Fuerschung.

Dee Stipendium soll d'archeologesch Fuerschung zu Lëtzebuerg ënnerstëtzen a Form vu wëssenschaftleche Fuerschungsaarbechten, archeologeschen Ausgruewungen oder soss Projeten, fir d'Promotioun oder d'Populariséierung vun engem archeologesche Projet zu Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen.

De Stipendium, deen 2023 vun der Fondatioun Schleich-Lentz an Zesummenaarbecht mat Focuna lancéiert gouf, riicht sech u Studenten, Doktoranden, Fuerscher oder Associatiounen, déi u Fuerschungs- oder archeologesche Promotiounsprojeten zu Lëtzebuerg schaffen. No engem Opruff fir Projeten bewäert eng onofhängeg Jury d'Demande no viraus opgestallte Critèren. Duerno proposéiert d'Jury dem Direktiounscomité vun der Fondatioun Schleich-Lentz eng Demande fir d'Auszeechnung vum Stipendium op Basis vun de Bewäertungskriterien.

Am Joer 2023 ass déi erfollegräich Kandidatin d'Société préhistorique Lëtzebuerg fir de Fuerschungsprojet mam Titel „Den Impakt vu mënschlechen Aktivitéiten op d'Landschaft an der neolithescher Zäit (5300-2000 BCE) an der Regioun Beefort - Iermsdref - Miedernach - Waldbëlleg."

De Jury huet seng Decisioun domat motivéiert, datt dëse Projet e puer Acteuren zesummebréngt, dorënner Professioneller aus dem Secteur, Fräiwëlleger a Stagiären. D'Analyse vu private Sammlunge mécht et méiglech, eng regional Etude iwwer den Impakt vu mënschlechen Aktivitéiten op d'neolithesch Landschaft ze maachen an d'Aarbecht vun den Amateur-Fuerscher zu Lëtzebuerg ze valoriséieren.

Aus der Sammlung vum Marcel Ewers. Foto Tom Lucas



Aus der Sammlung vum Marcel Ewers. Foto Tom Lucas





*D'Gemeng Waldbëlleg. Foto Fänz Zipfel*

# De Projet vun der S. P. L.

Zënter der Grënnung vun enger Sektioun Virgeschicht am Musée national d'histoire et d'art (MNHA) an der Ernennung 1996 vun engem Archäolog-Prehistoriker als Curateur an dëser Sektioun, mécht d'S. P. L. keng archeologesch Ausgruewunge méi.

D'Societéit fiert awer viru mat Prospektiounsaktivitéiten am Feld a studéiert d'Kollektiounen, déi iwwer d'Jore vun hire Memberen opgebaut goufen. Dëst Begoe vun der Uewerfläch erlaabt et, wëssenschaftlech Lächer ze fëllen, well se geografesch Regiounen touchéiert, an deene wéineg Ausgruewungen duerchgefouert ginn. Dat ass besonnesch offensichtlech fir den Neolithikum, eng Zäit mat villen Uewerflächenentdeckungen, awer relativ wéineg Ausgruewungen, déi an de leschten drësseg Joer duerchgefouert goufen. Dat selwecht gëllt fir d'Bronzezäit an d'Eisenzäit, fir déi bis elo op wéinege Plazen ausgegruewe gouf.

Déi vun de Membere vun der S. P. L. gesammelt Donnéeë kréien hir voll Bedeitung fir de Neolithikum, eng Zäit an där déi lescht Jeeër-Sammlergesellschaften duerch sesshaft Gruppen ersat goufen, déi Landwirtschaft praktizéiert a Béischte gehalen an domat d'Ëmwelt nohalteg verännert hunn.

D'S. P. L. huet decidéiert, hir Fuerschung iwwer déi nächst fënnef Joer (2022-2026) ze konzentréieren op e Projet mam Titel „Haches en pierre : aux origines de la transformation anthropique du monde".

Déi Steebeiler, déi aus devonesche Fielsgeréller aus dem Ardennemassif poléiert goufen, sinn emblematesch archäologesch Fondstécker vun der Virgeschicht vu Lëtzebuerg. Si goufe säit dem Mëttelneolithikum bis Ufank vun der Bronzezäit benotzt, tëscht ongeféier 4900 an 1800 BCE. Hiert Fabrikatiounsgebitt läit an der Regioun vu Mëttel- an Ënnerlaf vun der Sauer, allgemeng tëscht Dikrech a Waasserbëlleg. Gemaach aus Waken aus der Sauer, si si wäit iwwer d'Land eraus verdeelt ginn, bis zu méi wéi 100 Kilometer vun hirer Fabrikatiounsplaz ewech.

Am Joer 2021 huet d'S. P. L. sech d'Zil gesat, eng Analys vun alle gesammelte Steebeiler, wuel méi wéi 10.000 Stécker, ze maachen, fir an engem éischte Schrëtt eng detailléiert Verdeelungskaart opzestellen. Alleng an der Dikrecher Regioun sinn zwou Sammlunge vu Membere vun der S. P. L. mat am Total méi wéi 6.000 Steebeiler representéiert.

Do dernieft gëtt en Inventaire vu Pfeilspëtzen, Millesteng a verschiddenen anere charakteristesche litheschen Objeten opgestallt, fir déi chronokulturell a funktionell Attributioun vun den identifizéierte Siten ze klären. Dësen Inventar soll en Deel vun engem Projet sinn, deen an Zesummenaarbecht mat der Inra duerchgefouert gëtt, fir 60 Joer fruchtbar Prospektioun vu Membere vun der S. P. L. ze valoriséieren. Domat kritt een e qualitative Sprong am Wëssen iwwer den Ufank vun der Transformatioun vun der Welt duerch mënschlech Aktivitéiten.

Duerch d'Ëmsetzung vun dësem ambitiéise Fuerschungsprogramm wäert et méiglech sinn:

- fir nei Donnéeën iwwer d'raimlech Verdeelung vun neolithesche Fondplazen ze kréien
- Austauschbezéiungen iwwer mëttel a laang Distanzen ze beleeën
- d'Ausmooss vum neolithesche Ofholze vun de Bëscher op regionaler Skala ze bewäerten
- Previsounsmodeller ze entwéckele fir Beräicher, déi nach wéineg exploréiert sinn.

All Leit, déi un dësem ambitiéise Projet deelhuele wëllen, kënne sech bei der Projektkoordinatorin Denise Leesch mellen, entweder per E-Mail op ***denise.leesch@yahoo.fr*** oder beim S. P. L.-Sekretariat op ***wmariep@pt.lu***

Kee Virwëssen ass erfuerderlech fir matzemaachen.



*De Marcel Ewers féiert duerch seng Ausstellung am Joer 2018 an der Waldbëlleger Kierch. Foto Damaris*

Bei de fläissege Sammler ass de Marcel Ewers ee vu de wichtegsten. Hien huet 40 Joer laang am Ëmkrees vun sengem Bauerenhaff zu Haler op de Felder no Artefakte gesicht an eng Sammlung vun iwwer 20.000 Stécker opgebaut, déi hien der S. P. L. zu Studienzwecken iwwerlooss huet. De Marcel Ewers war jorelaang President vun der S. P. L., awer och Conseiller a Schäffen an der Gemeng Waldbëlleg an dee regelméissegste Mataarbechter vum Gemengebulletin DE BUET an dono dem FUUSS.

Mir wënschen der S. P. L. vill Erfolleg bei dësem interessante Projet.

*Marc Barthelemy*

*Aus der Sammlung vum Marcel Ewers. Foto Tom Lucas*



**Quellen:**

- *https://fdlux.lu/en/node/1259*
- *Denise Leesch, perséinlech Kommunikatioun*




Foto: Georges Koster

# KLIMAPAKT // *PACTE CLIMAT*

## KLIMAPAKT 2.0

Nodeem mir dëst Joer scho mat allerhand Klima-Kapriolen (Dréchent vum Fréijoer a Südfrankräich, Spuenien an Norditalien, di katastrophal Bëschbränn a Griicheland an anere Mëttelmierstaaten, Knëppelsteng-Stuerm a Süddäitschland, asw.) an de Medien iwwerschwemmt goufen, dämmert et och eis, datt mir net op enger Insel sinn a mir och gutt déngen, eis méi intensiv mam Thema Klima ze beschäftegen. Zudeem wéilt ech eis Bierger informéieren, wat zu Waldbëlleg zanter mengem leschten Infosbericht am Klimapakt geschitt ass.

**Stroossebeliichtung mat LED-Technik:**

Zesumme mam Service des bâtisses an externen Experte goufen déi éischt Stroossen fir d'Ëmrëschten an hir technesch Spezifikatiounen definéiert. Besonnesch op de Schutz vun den Insekten ass opgepasst ginn.

**Verdeelung vun Enovos-Energieeinspar-Kits un d'Bierger:**

Vu 718 Stéit hunn ëmmerhin 174 e Spuerkit ugefrot, wat bal engem Véierel entsprécht. Am Verglach mat anere Gemengen ass dat e ganz gutt Resultat an ënnersträicht d'Klimabewosstsënn an eiser Gemeng an den Erfolleg vun der Mesure. Villmools Merci un all déi, déi heibäi matgemaach hunn. De Rescht Energieeinspar-Kits gëtt fir aner Sensibiliséierungscampagnen, wéi zum Beispill am schoulesche Beräich, benotzt.

**„Nohaltegkeet mécht Schoul“:**

Am Klimateam gouf de Virschlag gemaach, d'Schüler vum Zyklus 4 fir d'Klimapakt-themen ze sensibiliséieren. Gemeng a Schoul hunn sech ofgestëmmt an zesummen de Programm bei der Energie-Agence an Optrag ginn. Weider Infoe kënnt Dir op der Gemengen-Homepage nokucken (https://waldbillig.lu/_res/uploads/202305-infos-nachhaltigkeit-macht-schule.pdf).

**Gestaltung Parking Heringer Millen:**

Bei der Gestaltung vum Parking beim Touristen-Hot-Spot Heringer Millen goufe Virbereedunge fir d'zukünfteg Opluedstatioune fir elektresch Autoe gemaach. Dofir nach eng Kéier ee grousse Merci un d'Membere vum Klimateam an der Gemeng fir di kuerzfristeg Ëmsetzung.

**D'Energie-, Klima- an Ëmweltcharta vun de Veräiner vun der Gemeng Waldbëlleg:**

D'Iddi vun enger Veräinscharta gouf schonn am Klimapakt 1.0 entwéckelt, an elo vum Klimateam nees opgeholl an aktualiséiert. No de leschten Unhéierungen am Gemengerot steet d'Emsëtzung kuerz bevir. Doduerch kënnen di aktuell Ufuerderunge vun der Gesetzgeebung vun der Kreeslafwirtschaft ëmgesat ginn. Ënner dem Link vun der Gemengen-Homepage fannt Dir méi Informatiounen iwwer d'Internetsäit „Greenevents“ (https://www.greenevents.lu/de/).

Den Haaptgrond vun dëser Moossnam ass d'Vermeide vu Wegwerf-Plastikgeschier bei ëffentleche Veräinsfester. Scho fir 2024 an 2025 si weider gesetzlech Verschäerfunge geplangt, soudatt mir et fir sënnvoll halen, d'Veräiner fréizäiteg ze ënnerstëtzen an iwwer déi nei Approchen ze informéieren a Léisungsweeër unzebidden (https://waldbillig.lu/_res/uploads/offallgesetz-flyer-de.pdf). Veräiner, déi hir Fester no de Standarde vu Greenevents organiséieren, kënne bis zu 1.500 € Subsid kréien. Weider Infoe fannt Dir op der Gemengen-Homepage.

**Ausbléck:**

D'Gemeng Waldbëlleg wëllt nach dëst Joer den Audit fir de Klimapakt maachen. Et sinn also nach vill Moossname virzebereeden. Mir vum Klimateam stellen eis dëser Erausfuerderung gär.

*Text: Klimaberoder Bernhard Jäckel*

# RESULTATER VUN DER $NO_2$-MIESSCAMPAGNE AN DER GEMENG WALDBËLLEG: *„BESSER LOFT FIR MÉI LIEWENSQUALITÉIT"*

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
Administration de l'environnement

**Mesurage de l'$NO_2$ par tubes passifs**

**Campagne Klimapakt 2022**
**Commune de Waldbillig**

| Période d'échantillonnage du | au | NCHCH01 NO2 [ug/m³] | NCHCH02 NO2 [ug/m³] | NHAER01 NO2 [ug/m³] | NMUAL01 NO2 [ug/m³] | NWALG01 NO2 [ug/m³] | NWALG02 NO2 [ug/m³] |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 05/01/2022 | 19/01/2022 | 15 | 11 | 11 | 10 | 9 | 12 |
| 19/01/2022 | 02/02/2022 | 13 | 8 | 9 | 10 | 6 | 11 |
| 02/02/2022 | 16/02/2022 | 11 | 8 | 7 | 11 | 5 | 9 |
| 16/02/2022 | 02/03/2022 | 10 | 8 | 8 | 10 | 5 | 8 |
| 02/03/2022 | 16/03/2022 | 16 | 11 | 10 | 14 | 7 | 14 |
| 16/03/2022 | 30/03/2022 | 15 | 10 | 8 | 10 | 7 | 12 |
| 30/03/2022 | 13/04/2022 | 10 | 8 | 7 | 7 | 6 | 8 |
| 13/04/2022 | 27/04/2022 | 10 | 8 | 6 | 6 | 5 | 9 |
| 27/04/2022 | 11/05/2022 | 12 | 9 | 7 | 7 | 5 | 10 |
| 11/05/2022 | 25/05/2022 | 10 | 8 | 6 | 7 | 4 | 9 |
| 25/05/2022 | 08/06/2022 | 9 | 7 | 5 | 7 | 4 | 8 |
| 08/06/2022 | 22/06/2022 | 10 | 7 | 6 | 9 | 5 | 8 |
| 22/06/2022 | 06/07/2022 | 9 | 6 | 5 | n.d. | 5 | 5 |
| 06/07/2022 | 20/07/2022 | 7 | 6 | 4 | 8 | 4 | 5 |
| 20/07/2022 | 03/08/2022 | 8 | 6 | 6 | 9 | 4 | 6 |
| 03/08/2022 | 17/08/2022 | 8 | 8 | 6 | 10 | 5 | 8 |
| 17/08/2022 | 31/08/2022 | 10 | 8 | 5 | 12 | 6 | 8 |
| 31/08/2022 | 14/09/2022 | 11 | 10 | 7 | 10 | 7 | 8 |
| 14/09/2022 | 28/09/2022 | 9 | 7 | 6 | 8 | 5 | 6 |
| 28/09/2022 | 12/10/2022 | 8 | 8 | 6 | 9 | 4 | 6 |
| 12/10/2022 | 26/10/2022 | 9 | 8 | 7 | 7 | 5 | 7 |
| 26/10/2022 | 09/11/2022 | 11 | 8 | 8 | 9 | 5 | 7 |
| 09/11/2022 | 23/11/2022 | 8 | 9 | 7 | 9 | 6 | 7 |
| 23/11/2022 | 07/12/2022 | 12 | 11 | 9 | 10 | 9 | 11 |
| 07/12/2022 | 21/12/2022 | 15 | 12 | 15 | 14 | 5 | 12 |
| Moy.prov. - 2022 | | 11 | 8 | 7 | 9 | 5 | 9 |

| | |
|---|---|
| NCHCH01 | 6A, Moellerdallerstrooss - Christnach |
| NCHCH02 | 2, Schoulstrooss - Christnach |
| NHAER01 | 17, rue Hallerbach - Haller |
| NMUAL01 | 1, rue des Rochers - Müllerthal |
| NWALG01 | 5, A Kilker - Waldbillig |
| NWALG02 | 15A, rue de Christnach - Waldbillig |
| n.d. | non-déterminé |

Valeur limite $NO_2$: 40 µg/m³ en moyenne annuelle sur une année civile
Valeurs en orange: à titre indicatif: la valeur mensuelle dépasse la valeur limite pour la moyenne annuelle
**Valeurs sur fond rouge:** dépassement de la valeur limite de 40 µg/m³ (moyenne annuelle)

Données validées au niveau préliminaire — Généré le 18/01/2023

*©Administration de l'environnement*

D'Resultater vun der $NO_2$-Miesscampagne 2022 am Kader vum Klimapakt sinn do.

D'Miesscampagne huet vum 5. Januar bis den 21. Dezember 2022 stattfonnt. D'Gemeng Waldbëlleg huet 2022 fir d'drëtte Kéier un der Campagne deelgeholl. Et goufe keng Iwwerschreidunge vum Grenzwäert vu 40 µg/m³ gemooss.

Am Joer 2022 ass d'Moyenne liicht eropgaangen am Verglach zum Joer virdrun. Déi méi ongënschteg Wiederkonditiounen fir d'Loftqualitéit wärend 2022 an eng allgemeng Reprise vum Stroosseverkéier kann d'Ursaach vun dëser liichter Erhéijung sinn.

Wéi am DE FUUSS 1/2023 ugekënnegt, fannt Dir hei d'Resultater.

Dee ganze Rapport fannt Dir op ***www.emwelt.lu***

D'Gemeng Waldbëlleg huet och 2023 eng véierte Kéier un der Campagne deelgeholl. Soubal d'Campagne ofgeschloss ass, ginn d'Resultater am DE FUUSS veräffentlecht.

*Filipe Soares*

# NULL OFFALL

Déi gesetzlech Bestëmmunge fir den Offall ze reduzéieren an d'Benotze vun „Eewee-Plastikproduiten" ze verbidden, besti scho méi laang. Dëst Joer huet d'Verbuet vum Eewee-Plastik ugefaangen.

Bis den 31. Dezember 2024 dierfen nach Eewee-Produiten ouni Plastik agesat ginn, mee dono sinn dës dann och gréisstendeels verbueden. Dohir ass et lo Zäit fir ëmzedenken an d'Eewee-Produiten sou gutt wéi méiglech duerch eng Méiwee-Alternativ ze ersetzen.

Dës Bestëmmunge schéngen zimmlech onscheinbar, hunn awer e groussen Afloss op den Alldag vun eis all. Nieft de Fester, Versammlungen, Kultur- oder Sportveranstaltungen, mee awer och am Commerce a beim Horesca wäerte mir d'Verännerungen an d'Adaptatioune mierken.

Iech weider informéieren kennt Dir um Internetsite www.nulloffall.lu

Et ass weiderhin nach méiglech Ënnerstëtzungen fir Evenementer ze kréien, déi d'Critèrë vu Greenevents anhalen. Informatiounen: www.greenevents.lu

Eis Veräiner, Associatiounen genee wéi d'Gemeng mussen dëse gesetzleche Bestëmmungen lo Rechnung droen a sech fir 2025 rëschten.

*Text: Luc Friedrich*

*Foto: Tania Van den Berghen/Pixabay*



# SCHRITTWEISES VERBOT VON EINWEGPRODUKTEN

bei allen öffentlichen Veranstaltungen

**Einweg** =
Ich benutze 1x,
dann werfe ich es weg

**Mehrweg** =
Ich verwende, ich reinige,
ich verwende wieder

## 2 Schritte zum Mehrweg auf öffentlichen Veranstaltungen:

Keine Einwegprodukte, die Plastik enthalten.

Kein Einweg mehr, unabhängig von der Zusammensetzung.

**Was ist erlaubt?**

| | *Vor 2023* | **1. Januar 2023** | **1. Januar 2025** |
|---|---|---|---|
| **Einwegprodukte mit Kunststoff:** | ✓ | ✗ | ✗ |
| **Plastikfreie Einwegprodukte:** *Papier/Pappe, Holz, Glas, Aluminium …* | ✓ | ✓ | ✗ *Außer: Schüsseln und Schalen, Besteck, Glasflaschen.* |
| **Mehrwegprodukte:** *Glas, Porzellan, Stahl, Kunststoff …* | ✓ | ✓ | ✓ |

- Womit kann ich Einwegprodukte ersetzen? Welche Alternativen gibt es?
- Kann ich für diesen Übergang finanzielle Unterstützung erhalten?
- Was tun mit Restbeständen an Einwegprodukten?

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

www.nulloffall.lu
FAQs

*InfoGrafik: Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*

# SCHRITTWEISES VERBOT VON EINWEGPRODUKTEN

bei allen öffentlichen Veranstaltungen

## Erlaubte / verbotene Produkte im Überblick:

| | Erlaubt | Verboten |
|---|---|---|
| Schüsseln, Schalen (und Ähnliches) | • **Mehrweg**produkte<br>• Einwegprodukte ohne Plastik | Einwegprodukte mit **Plastik** |
| Besteck | | |
| Teller | • **Mehrweg**produkte<br>• *Bis 31.12.2024:* Einwegprodukte ohne Plastik | |
| Strohhalme, Rührstäbchen, Picker | | |
| Tassen, Gläser, Becher | | |
| Flaschen | • **Mehrweg**produkte<br>• Einwegprodukte **aus Glas**<br>• *Bis 31.12.2024:* Andere plastikfreie Mehrwegprodukte | |

### Achten Sie auf „verstecktes“ Plastik

Bei Veranstaltungen ist jeglicher Einwegartikel, der **ganz oder teilweise aus Kunststoff besteht**, verboten.
*Beispiel: Auf den meisten **Schalen für Pommes Frites** und **Pappbechern** befindet sich eine dünne Kunststoffschicht.* → ***nicht erlaubt***

### Sonderfall Getränkedosen und -kartons

Dosen und Getränkekartons sind **bis zum 1. Januar 2025** erlaubt.
Danach gilt ein Verbot für öffentliche Veranstaltungen.

### Bevorzugen wir ab jetzt die Mehrfachnutzung

Angesichts des Verbots der meisten Einwegprodukte im Jahr 2025 wird allen Veranstaltern öffentlicher Veranstaltungen dringend empfohlen, jetzt nach wiederverwendbaren Lösungen zu suchen. Insbesondere empfiehlt es sich, sich nach Möglichkeiten zum Teilen und Mieten von Mehrweggeschirr zu erkundigen.

***Dieses Dokument beschreibt den nationalen Rechtsrahmen. Einige Kommunen könnten bereits jeglicher Einweg vollständig verboten haben. Informieren Sie sich bei Ihrer Kommune.***

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

www.nulloffall.lu
FAQs

*InfoGrafik: Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*





# ENERGIEPARK MËLLERDALL

Den Energiepark Mëllerdall hat de 24. Mee 2023 seng Generalversammlung an der Fiels am Centre Culturel „An der Kleederfabrek" ofgehalen.

De Bilan vun de leschte Joren kann sech weise loossen. Bis 2022 huet den Energiepark 9 Photovoltaik-Anlagen an de Geopark Mëllerdall-Gemengen a Betrib geholl. Dëst an den Dierfer Zëtteg, Bäerdref, Konsdref, Iechternach, Hiefenech, Waldbëlleg, Chrëschtnech, Fiels a Rouspert mat enger Gesamtleeschtung vun 183.26 kWp an enger Gesamtdaachfläch vun 1.924,91 m².


Dës Anlage kënnen zesumme pro Joer 398.068 kWh Stroum produzéieren, wat en Equivalent vun 89 Eefamilljenhaiser duerstellt.

Fir 2023 ass en neie Projet an der Gemeng Reisduerf geplangt, fir d'Produktioun weider auszebauen.

All nei Photovoltaik-Anlag mécht Lëtzebuerg e bësse manner ofhängeg vun Energie-Importer.

*Info PPT: Energiepark Mëllerdall*
*Photoen: Olivier Glod*
*Text: Luc Friedrich*

| | Commune | Localité | Immeuble | Surfaces couvertes [ m² ] |
|---|---|---|---|---|
| 1 | Bech | Zittig | Station d'épuration | 158,43 |
| 2 | Berdorf | Berdorf | Eglise | 145,23 |
| 3 | Heffingen | Heffingen | Réservoir d'eau | 167,48 |
| 4 | Echternach | Echternach | Hall de stockage | 151,20 |
| 5 | Consdorf | Consdorf | Hall sportif | 498,41 |
| 6 | Waldbillig | Waldbillig | Service Technique | 140,48 |
| 7 | Waldbillig | Christnach | Eglise | 124,68 |
| 8 | Larochette | Larochette | Centre d'Intervention | 144,55 |
| 9 | Rosport-Mompach | Rosport | Ecole | 394,45 |
| 10 | Reisdorf | Reisdorf | Centre Polyvalent | 145,95 |
| | TOTAL: | | | 2.070,86 |



# RECYCLINGCENTER JONGLËNSTER





## Recyclingcenter Jonglënster

### Spezifische Betriebsdaten 2022

Zutritte gesamt


**49.990**

Zutritte pro Öffnungstag (Durchschnitt)

**197**

Gesammelte Mengen

**3.860 t**



Zutritte Recyclingcenter Jonglënster
60.000
50.000
40.000
30.000
20.000
10.000
0
24.621
40.609
44.326
48.899
46.961
54.352
58.174
57.586
55.152
47.083
52.430
49.990
2011
2012
2013
2014
2015
2016
2017
2018
2019
2020
2021
2022
Bech
Berdorf
Consdorf
Junglinster
Waldbillig


Lamesch

## Mengenentwicklung 2021-2022 nach Stoffgruppen

| Stoffgruppe | Einheit | Gesamtmenge 2021 | Gesamtmenge 2022 | Veränderung |
|---|---|---|---|---|
| Papier/Karton | kg | 208.191 | 195.599 | -6,0% |
| Glas | kg | 98.003 | 98.926 | 0,9% |
| Metalle | kg | 217.110 | 198.250 | -8,7% |
| Kunst- und Verbundstoffe | kg | 30.480 | 31.023 | 1,8% |
| Inerte Abfälle | kg | 1.799.582 | 1.498.250 | -16,7% |
| Elektro- und Elektronikschrott | kg | 136.739 | 153.055 | 11,9% |
| Altholz | kg | 939.310 | 802.084 | -14,6% |
| Pflanzenabfälle | kg | 258.482 | 221.720 | -14,2% |
| Alttextilien | kg | 59.984 | 61.996 | 3,4% |
| Altreife und Gummi | kg | 31.370 | 32.500 | 3,6% |
| Problemabfälle (SuperDrecksKëscht) | kg | 176.698 | 163.147 | -7,7% |
| Sperrmül | kg | 458.500 | 403.820 | -11,9% |
| Stoffgruppen gesamt | kg | 4.414.449 | 3.860.370 | -12,6% |

## Mengenentwicklung 2021-2022 nach Stoffgruppen




**A** Papier/Karton
**B** Glas
**C** Metalle
**D** Kunst- und Verbundstoffe
**E** Inerte Abfälle
**F** Elektro- und Elektronikschrott
**G** Altholz
**H** Pflanzenabfälle
**I** Alttextilien
**J** Altreifen und Gummi
**K** Problemabfälle (SuperDrecksKëscht)
**L** Sperrmüll

## Bilan financier 2022 Recyclingcenter Junglinster

| | Kosten: Miete Container, Transport, Entsorgung, Gebäude, Technische Anlage,... | Management-pauschale | Personalkosten |
|---|---|---|---|
| Januar | 12.232,43€ | 4.707,50€ | 31.036,04€ |
| Februar | 29.383,56€ | 4.707,50€ | 31.035,86€ |
| März | 16.628,77€ | 4.707,50€ | 31.162,52€ |
| April | 27.052,72€ | 4.825,19€ | 31.793,40€ |
| Mai | 6.955,21€ | 4.825,19€ | 31.666,41€ |
| Juni | 34.208,70€ | 4.825,19€ | 31.809,52€ |
| Juli | 42.981,22€ | 4.825,19€ | 31.819,77€ |
| August | 6.110,78€ | 4.825,19€ | 31.811,73€ |
| September | 32.043,72€ | 4.825,19€ | 31.835,21€ |
| Oktober | 52.048,58€ | 4.825,19€ | 31.754,17€ |
| November | 11.878,98€ | 4.825,19€ | 31.775,52€ |
| Dezember | 43.257,16€ | 4.825,19€ | 31.873,47€ |
| **Total** | **314.781,83€** | **57.549,21€** | **379.373,62€** |
| Grand Total | | | 751.704,61€ |


## Comparaison entre les frais effectifs et les budgets 2022

| | Frais de fonctionnement effectifs 2022 (EUR TTC) | Frais de fonctionnement selon budget rectifié 2022 (EUR TTC) | Frais de fonctionnement selon budget prévisionnel 2022 (EUR TTC) |
|---|---|---|---|
| Part de Bech | 76.230,37€ | 88.619,29€ | 96.659,37€ |
| Part de Berdorf | 65.548,65€ | 69.436,61€ | 68.271,86€ |
| Part de Consdorf | 96.924,80€ | 97.630,51€ | 102.480,65€ |
| Part de Junglinster | 448.940, 57€ | 488.400,29€ | 519.561,30€ |
| Part de Waldbillig | 64.060,27€ | 61.546,96€ | 65.589,16€ |
| Total Frais de gestion et d'exploitation | 751.704,66€ | 804.050,23€ | 874.341,95€ |

## Réparition des frais de fonctionnement de l'année 2022 sur les communes rattachées

| Total annuel | | | | | 751 704,66€ |
|---|---|---|---|---|---|
| | Taux féquentation 2021 | Répartition provisoiredes frais en tenant compte de la fréquentation en 2021 | Taux féquentation 2022 | Répartition définitive des frais en tenant compte de la fréquentation en 2022 | Décompte |
| Part de Bech | 9,714% | 73 019,87€ | 10,141% | 76 230,37€ | 3 210,50€ |
| Part d e Berdorf | 8,222% | 61 808,10€ | 8,720% | 65 548,65€ | 3 740,54€ |
| Part de Consdorf | 12,380% | 93 063,42€ | 12,894% | 96 924,80€ | 3 861,38€ |
| Part de Junglinster | 61,104% | 459 324,09€ | 59,723% | 448 940,80€ | -10 383,52€ |
| Part de Waldbillig | 8,579% | 64 489,18€ | 8,522% | 64 060,27€ | -428,91€ |

## Frais de fonctionnement du Recyclingcenter Junglënster






### Recyclingcenter Junglinster

Beim Rossbur
L-6114 Junglinster
Tél. : 26 78 32-1
Fax : 26 78 32-22

| Heures d'ouvertures | Période hiver | Période été |
|---|---|---|
| Lundi | fermé | fermé |
| Mardi | 07:00-13:00 | 07:00-13:00 |
| Mercredi | 12:30-18:30 | 12:30-18:30 |
| Jeudi | 12:30-18:30 | 13:30-19:30 |
| Vendredi | 12:30-18:30 | 12:30-18:30 |
| Samedi | 09:00-17:00 | 09:00-17:00 |
| Dimanche | fermé | fermé |
| **Fermé les jours fériés** | | |

# PLANZEN AN DÉIEREN DOBAUSSEN

### D'Gehaanskraut an de Jakobsstaf



***D'Gehaanskraut*** (op Däitsch Johanniskraut an op Latäin Hypericum perforatum) soll berouegen a souguer géint liicht Depressiounen hëllefen. (D'Anhuelen dovu muss awer onbedéngt virdru mam Dokter ofgekläert ginn, well dës Heelplanz mat anere Medikamenter interagéiert.)

Fir en Téi schëtt ee kachend Waasser op ee Kaffisläffel Gehaanskraut (di ganz Planz) a léisst dat Ganzt 5 Minutten zéien. Och bei frësche Wonnen, Verbrennungen an Ekzema sollen d'Bléien hëllefen: Si ginn an 3x méi Oliven-ueleg ageluecht an an der Sonn distilléiert.

Wéi erkennt een dëst Kraitchen? Di giel Bléien hunn Uelegdrüsen, a beim Zerreiwen tëscht de Fangere fierwen d'Bléien sech routbrongelzech (dat ass de Faarfstoff Hypericin).

D'Gehaanskraut ass op dréchene Biedem ze fannen, déi net vill Närstoffer hunn, z.B. um Bord vu Weeër a bei Hecken. De 24. Juni, also op Gehaansdag, ass dës Planz a voller Bléi, dofir den Numm. Als Planz am Fräie gëtt se vu verschiddenen Insekte besicht, mee vu Mënsch an Déier gemidden, well se Bass verursaacht a fir Päerd, Kéi a Schof gëfteg ass.



***D'Jakobskreuz-Kraut*** oder ***d'Jakobskraut*** (op Lëtzebuergesch Jakobsstaf an op Latäin Senecio Jacobaea) ass fréier géint Péng an Entzündungen agesat ginn. Dëst aalt Heelkraut ass Famill mam ‚Gewöhnlichen Greiskraut' (Senecio vulgaris).



De Jakobsstaf gräift awer d'Liewer un, ass gëfteg fir d'Véi a soll dofir net an de Wise stoe gelooss ginn. Och gedréchent (Hee, Silo) ass dës Planz schiedlech fir d'Ranner, d'Päerd – an de Mënsch. Well d'Jakobs-Kreuzkraut sech séier verbreet, ass et besser, dës Planz direkt erauszerappen, ier se Som ka bilden. Just d'Vigel hunn de Som vum Jakobs-Kreuzkraut gär.

Si ass 2-järeg: Am 1. Joer fënnt een e Kranz Blieder, am 2. Joer kritt se liichtend giel Bléien.

Si wiisst a Gäert a Stécker op stéckstoffräichem a leemegem Buedem. Di giel Bléien erënneren an der Form un d'Bléie vun der Margréitchen. D'Jakobs-Kreuzkraut kann 1 m héich wuessen.

## D'Heemelsdéierchen

Dëst Joer gesäit een erëm vill méi Heemelsdéiercher (op Däitsch Marienkäfer, op Franséisch coccinelle an op Englesch ladybug). Deen am meeschte verbreeten, erwuessene Kiewerlek ass rout, mat 7 schwaarze Punkten a frësst pro Dag 150 Blatlais! Also en nëtzlecht Déierchen an eisem Gaart. Et ass besser kee Gëft am Gaart ze sprëtzen, well d'Blatlais erhuelen sech wuel dovunn, mee net d'Heemelsdéiercher.



*Text a Fotoen: Isabelle Oberlé*

*(Quellen: Gaart an Heem, Naturbicher erausgi vun der Caisse centrale des associations agricoles et Caisses rurales affiliées, heilkraeuter.de, NABU, ZLS/LOD)*



# LIEWEN AN DER GEMENG // *VIE RURALE*



## INTERVIEW MAM MARC LORANG VU CHRËSCHTNECH, GRËNNER VU ,,WINGS"

***Säit wéini leeft ,,Wings", a wat huet Iech op d'Iddi bruecht sou e Projet ze lancéieren?***

,,Wings" ass säit Juni 2023 a Betrib. Et war perséinlech Erfarung, déi mech op d'Iddi bruecht huet: En eelere Familljemember konnt net op d'Iesse komme wéinst Transportprobleemer. E Weekend an d'Vakanz ze goen, wann een net méi sou mobil ass, war och net méiglech.

***Wéi sidd Der virgaang, fir de Projet ze realiséieren?***

Fir d'éischt hunn ech mech online informéiert a si séier op Garagen an Däitschland gestouss, déi spezialiséiert sinn op den Ëmbau an de Verkaf vun Autoen, an ech hu mech vun hinne berode gelooss. Ech hu mech dono op der Plaz ëmgekuckt, fir erauszefanne wat ech wëll, hu Präisser, Offere verglach. Schlussendlech hunn ech mech fir e Mercedes Citan decidéiert. De VW Caddy huet eng Sëtzrei, de Citan just ee Passagéiersëtz hannen, an dat gëtt der Persoun am Rollstull e bessert Raumgefill.

***Hat Der Schwieregkeeten op Ärem Wee?***

Neen, eigentlech net. Ech hu mech am Virfeld informéiert, fir Feedback ze kréien an erauszefannen, ob d'Iddi gutt ass. Duerno hunn ech um Ministère de l'Economie d'Handelsermächtegung ugefrot. No 2 Méint hunn ech d'Firma gegrënnt. De Logo vum Auto hunn ech selwer entworf an hu mat enger Firma vum Angelsbierg, déi Lettrage mécht, um Design zesummegeschafft.

***Wat ass den Avantage vun Ärem Service?***

D'Haaptiddi ass méi Fräiheet fir Leit am Rollstull a fir hir Famill. ,,Wings" ass e Plus zu den Transportméiglechkeeten, déi mer schonn hu fir Leit mat reduzéierter Mobilitéit. Et kann een d'Zäiten, wou een sech deplacéiert, selwer bestëmmen. D'Locatioun fir eng länger Period ass och méiglech – do muss een d'Disponibilitéit kucken. Ech denken do z.B. u Leit, di vläicht no enger Operatioun fir eng limitéiert Zäit am Rollstull sinn an awer wëlle mobil sinn.

Marc Lorang from Christnach is the founder of 'Wings', an alternative transport option for wheelchair-bound people. The idea is that family members or friends can rent a wheelchair-accessible mini-van to transport people with mobility handicaps. We all know that public transport is more limited in rural areas and that medical taxis need to be scheduled in advance to ensure availability. The wheelchair-van designed by 'Wings' is meant to provide comfort for wheelchair users and flexibility in terms of timing. For more information consult: ***https://www.facebook.com/wingslocations***

***Kënnen och Leit ausserhalb vun der Gemeng Waldbëlleg dëse Service ufroen?***

Jo, mir offréieren dëse Service landeswäit.

***Ass den Auto fir all Zort vu Rollstill gemaach?***

Jo, den Typ Rollstull spillt keng Roll, mee d'Breet – max. 81 cm mat de Gréffer un de Rieder.

***Kéint och eng net sou staark Persoun de Rollstull an den Auto féieren?***

Jo, d'Pente – fir 350 kg – ass flaach: De Buedem gëtt erofgesenkt. Wéi een de Rollstull festmécht, ass ganz einfach an et ass alles genau erkläert.

***Wéi e Feedback krut Der bis elo vun de Clienten?***

Bis dato krut ech nëmme positive Feedback zu deem Service, dee vill Leit nach net kennen. D'Fuere selwer ass ganz onkomplizéiert: Den Auto ass net ze grouss an huet eng Automatik.

***Schafft Der mat der CNS zesummen?***

Nee, leider war dat net méiglech. Mee och den Trajet mam Taxi ambulancier gëtt net ëmmer vun der CNS remboursséiert.

***Wéi a wou kann ee sech bei Iech mellen, fir den Auto ze lounen? Geet dat just online?***

Et geet iwwer Facebook, mat E-Mail, mee och iwwer Telefon: 00352 621 68 63 28.

***Wat wënscht Der Iech fir d'Zukunft vun Ärem Projet?***

Dass d'Leit „Wings" kenneléieren a gesinn, dass et eng flott Opportunitéit ass an e Stéck besser Liewensqualitéit bedeit: Leit, déi un de Rollstull gebonne sinn, fille sech „erëm wéi en normale Mënsch" - sou d'Wierder vun enger Cliente.

*Interview a Fotoen: Isabelle Oberlé*






# WANDMILLEN

Hei sinn e puer Fotoe vun Hiefenech, vun der Schnepperkopp a vu Suevelbuer vum spektakuläre Transport den 30. August vun enger Wandmillen fir de Wandpark Ärenzdall.

*Camille Goedert*





















Foto: Damaris



# INTERNETCAFE FIR SENIOREN

**GRATIS**

Dir wëllt an di **digital Welt** eraklammen oder hutt **Froen** zu Handy, Tablett oder Computer?



## MIR HU 4 OFFERE FIR IECH:

- **1:1 Berodung**
- **Coursen a klenge Gruppen**
- **Handy, Tablett a Laptop zu Ärer Verfügung am Club Senior**
- **Handy, Tablett a Laptop fir auszeléinen**



**Dir sidd interesséiert? Da mellt Iech:**
27 55-3395 oder
club-loupescht@croix-rouge.lu

**GEWËNNER VUM :** Prix 2023 de l'inclusion numérique

AN DER LOUPESCHT
CLUB SENIOR

help
All Dag ass e gudden Dag

croix-rouge luxembourgeoise
Mënschen hëllefen

Mat der Ënnerstëtzung vum

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

# AGENDA

***Sonndes, den 22. Oktober 2023 um 17:00 Auer***
zu Waldbëlleg an der Kierch:
***William Byrd a seng Zäitgenossen,*** A-Capella Kierchelidder an Uergelmusek zum 400. Doudesdag vum groussen englesche Renaissance-Komponist. Ensemble „The Art of Music“ (Direktioun an Uergel: Mick Swithinbank). Org: Uergelfrënn Waldbëlleg

***17. November 19:00 Auer: Soirée Beaujolais***
am Chrëschtnecher Veräinsbau.
Org: FC Olympia Chrëschtnech

De ***26. November vun 8:30 bis 12:30 Auer*** fënnt am Veräinsbau zu Crëschtnech e ***Yoga Workshop*** mat der Aude Meyers-Danaux statt, fir gutt an déi kal Joreszäit ze starten.

***Sonndes, de 17. Dezember: Chrëschtconcert*** mam Mëllerdaller Männerchouer (Direktioun: Jemp Origer) a mam Organist Roger Rech. Informatioune komme virum Concert op https://sites.google.com/view/uergelfrenn

De ***27. an 28. Januar 2024*** fënnt ***vun 12:00 bis 19:00 Auer*** dat traditionellt ***Choucroute-Iesse vu Jonk & Al*** zu Waldbëlleg an der Sportshal statt.




*Foto: Damaris*

## Labomobil:

den ***30. Oktober*** Chrëstnech vu 7:00 bis 8:30 Auer, Haler vun 9:00 bis 11:00 Auer.

## Bicherbus

De Bicherbus ass ***den 12. Oktober, den 9. an den 30. November, den 21. Dezember, de 25. Januar an den 22. Februar 2024*** an der Gemeng Waldbëlleg, zu Crëschtnech beim Futtballsterrain.
D'Auerzäite sinn ***tëscht 10:55 an 11:25 Auer***.

Kontakt:
Michel Molinaro +352 2 65 59 - 246
***bicherbus@bnl.etat.lu***

## Gemengerot

D'Sëtzunge vum Gemengerot sinn am Hentgesbau am grousse Sall. Jiddweree ka kucken a lauschtere kommen. Fir ze wëssen, ob déi Datumer effektiv esou kënnen agehale ginn, kuckt am digitale Raider op ***https://waldbillig.lu*** ënner Quotidien. Do steet och den Ordre du jour.

Virgesi sinn déi heiten Terminer:
***Den 2. Oktober um 19:00 Auer***
***De 26. Oktober um 9:00 Auer***
***Den 30. November um 19:00 Auer***

## Ëffnungszäite vun de Restauranten:

### Heringermillen:

Brasserie Heringer Millen
1, rue des Moulins L-6245 Mullerthal
Tél. +352 26 78 47 17
E-Mail: ***info@heringermillen.lu***
***www.heringermillen.lu***

mëttwochs: 12:00 - 15:00 Auer, 19:00 - 21:00 Auer
donneschdes: 12:00 - 15:00 Auer, 19:00 - 21:00 Auer
freides: 12:00 - 15:00 Auer, 19:00 - 21:00 Auer
samsdes: 12:00 - 00:00 Auer
sonndes: 11:30 - 16:00 Auer

D'Brasserie Heringer Millen vum Lars Fiebig mécht de 17. Dezember 2023 definitif hir Dieren zou.

### Le Cigalon:

Hotel Le Cigalon
1, rue de l'Ernz Noire L-6245 Mullerthal
Tel. +352 79 94 95 Fax: +352 79 93 83
E-Mail: ***cigalon@pt.lu***
***www.lecigalon.lu***

mëttwochs bis samschdes: 12:00 - 14:00 Auer
an 19:00 - 20:15 Auer
sonndes: 12:00 - 14:00 Auer
samschdes owes a sonndes mëttes ginn et just Menüer a keng Kaart.

### Casa Da Sangria:

46 Am Lahr, 7641 Christnach
Tel. 621 66 20 22

sonndes: 11:30–22:00 Auer
méindes: 11:30–14:30 Auer, 18:00–22:00 Auer
dënsdes: 11:30–14:30 Auer, 18:00–22:00 Auer
mëttwochs: 11:30–14:30 Auer, 18:00–22:00 Auer
donneschdes: 11:30–14:30 Auer, 18:00–22:00 Auer
freides: 11:30–14:30 Auer, 18:00–22:00 Auer
samschdes: 11:30–22:00 Auer

### Café Dina

De Café Dina zu Waldbëlleg huet ausser donneschdes all Dag op. Iessen op Bestellung.
Tel. 621 31 83 69




DE FUUSS
als PDF online!



*Foto: Damaris*

WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG